## Gemengewalen vum 11. Juni 2023
## *Élections communales du 11 juin 2023*



# M-team.lu

ZESUMME FIR MÄERZEG - *ENSEMBLE POUR MERTZIG*

Vu lénks no riets / *De gauche à droite* : Fernie Lallemand – Lex Schwind – Lena Gomes – Stefano D'Agostino – Mike Poiré – Myriam Hansen – Marcel Barros – Carine Piette – Claude Fischer

# SOMMAIRE


4 VIRWUERT // *PRÉFACE*

6 EQUIPE // *ÉQUIPE*

26 PROGRAMM // *PROGRAMME*

26 1. ENG MODERN A BIERGERNO GEMENG
*UNE COMMUNE MODERNE ET PROCHE DE SES CITOYENS*

32 2. SCHOUL, KANNERBETREIUNG A JUGEND
*ÉCOLE, STRUCTURES D'ACCUEIL POUR ENFANTS ET JEUNESSE*

40 3. ZU MÄERZEG LIEWEN, WUNNEN A SCHAFFEN
*VIVRE, HABITER ET TRAVAILLER À MERTZIG*

48 4. ENG SÉCHER, PROPPER, INKLUSIV, GERECHT A LIEWENSWÄERT GEMENG
*UNE COMMUNE SÛRE, PROPRE, JUSTE ET ASSURANT UNE GRANDE QUALITÉ DE VIE*

56 5. ENG ENERGIEEFFIZIENT AN ËMWELTFRËNDLECH GEMENG
*UNE COMMUNE EFFICIENTE SUR LE PLAN ÉNERGÉTIQUE ET RESPECTUEUSE DE L'ENVIRONNEMENT*

62 6. ENG RESPONSABEL FINANZPOLITIK
*UNE POLITIQUE BUDGÉTAIRE RESPONSABLE*




Photos: Pierre Levy, Sergio Bandeiras, Niki Kasel, Yves Faber, Steve Mack, privat



# Léif Mäerzeger,
# Léif Wielerinnen a Wieler,

De Sonndeg, 11. Juni 2023, wielt Dir een neie Gemengerot deen eis schéi Gemeng Mäerzeg déi nächst sechs Joer weider moderniséiert an entwéckelt fir de sëllegen Erausfuerderunge vun eiser Zäit gerecht ze ginn. Mir sinn eng Equipe vu néng Fraen a Männer – wéi d'Unzuel vun de Stëmmen déi Dir maximal kënnt verginn – déi sech wéi 2017 forméiert huet mat engem gemeinsamen Zil: Äert Vertraue gewanne fir esou an der Kontinuitéit fir eis Gemeng weiderzeschaffen.

Mir sinn d'Equipe ronderëm de Buergermeeschter, éischte Schäffen an zwee aktuell Gemengerotsmembere déi sech bëssen erneiert huet. Mir respektéieren de Choix vun de Mandatairen, déi aus familiäre, beruffleche oder perséinleche Grënn net méi kënne kandidéieren.

Mir stinn an der Verantwortung a wëllen eis Gemeng, opbauend op dat wat scho gemaach ginn ass, weidergestalten a sinn houfreg op de Bilan deen aus der Mandatsperiode 2017 bis elo presentéiert ka ginn. Do ass et d'Ëmsetzung vu praktesch der ganzer Schäfferotserklärung, wou mir eis elo an Zukunft virun allem op déi deelweis Erneierung a Moderniséierung vun de Bildungsinfrastrukturen – Schoul & Maison Relais – konzentréieren a wou de Chantier grad ugefaang huet.

No vill Engagement an Aarbecht tëscht der Gemeng an de Schoulpartner freet jiddereen sech op dat wat kënnt, an de grousse Chantier vun der dringend gebrauchter neier Schoul wäert d'Gemeng intensiv bis d'Rentrée 2026 beschäftegen.

Donieft ginn d'Stroossenaarbechten konsequent weidergefouert: wéinst der Drénkwaasserleitung fir d'éischt déi ganz Méchelbucher Strooss (vun der Haaptstrooss bis op de Butzebierg) wou d'Ausschreiwung elo erfollegräich ofgeschloss ginn ass an de Chantier nach virum Summer ufänkt.

D'Industriezon, wéi all d'Stroossen déi net méi am beschten Zoustand sinn, kommen dono drun an d'Projeten leie praktesch prett am Tirang. Dat ëmmer mam Virsaz fir d'Sécherheet ze verbesseren an d'Reseauen komplett ze moderniséieren an op de leschte Stand vun der Entwécklung ze bréngen, an de Beräicher: Drénkwaasser, Kanal, Ofwaasser, Stroum, Telekommunikatioun a Beliichtung.

Nieft dësen Infrastrukturaarbechte setze mir eis weider fir d'Zesummeliewen an der Gesellschaft an, andeems mir d'Veräiner finanziell wéi logistesch optimal ënnerstëtzen, déi „Al Schoul" bei der Kierch als Bierger- a Veräinshaus fir jonk a manner jonk – en „Haus fir jiddereen" – ëmgestalten. D'Aarbechte gi gutt virun an d'Raimlechkeete kënnen Enn vun dësem Joer a Betrib geholl ginn.

Administrativ wéi kommunikatiounstechnesch huet Mäerzeg sech an de leschte Jore komplett nei opgestallt. Mam neien an dynamesche Gemengepersonal dreiwe mir dëse Prozess virun a wëllen an Zukunft déi verschidden Instrumenter a Kanäl nach besser notzen an optimiséieren.

Mir setzen eis weider dofir an, dass Dir Mäerzeger houfreg op Är Gemeng kënnt sinn: eng lieweg Gemeng mat enger kompletter Offer vun Infrastrukturen, mat dynameschen, kultur- a sportbegeschterte Veräiner fir Jonk an Al, enger intakter Natur mat flotte Spadséier- a Vëlosweeër an enger adequater Offer vun Déngschtleeschtungen a Fräizäitaktivitéiten.

Mat der obligatorescher Refonte vum generelle Bebauungsplan (PAG) hu mir eis dofir agesat, fir e vill méi moderaten a méi luese Wuesstem ze garantéieren. Fir d'éischt gëllt et an de nächste Joren d'Infrastrukturen ze moderniséieren a mir engagéieren eis, dass eis Gemeng e schéint a liewenswäert Duerf am ländleche Raum bleift mam Fokus op d'Allgemengwuel, ganz am Sënn vun eisem Leitmotiv #mertzig4all – eng Gemeng fir jiddereen.

Op de nächste Säite kënnt Dir Iech een Iwwerbléck verschafen vun eisem ëmfangräiche Bilan a Programm an der Kontinuitéit. Eis Equipe ass sech der Verantwortung an de villen Erausfuerderunge bewosst an ass bereet fir se weider unzepaken. Mir zielen dofir op Är Ënnerstëtzung a soen Iech Merci fir eis weiderhin Äert Vertrauen ze schenken.

**Marcel BARROS**
**Stefano D'AGOSTINO**
**Claude FISCHER**
**Lena GOMES**
**Myriam HANSEN**
**Fernie LALLEMAND**
**Carine PIETTE**
**Mike POIRÉ**
**Lex SCHWIND**

# *Chères concitoyennes, chers concitoyens, chères électrices, chers électeurs,*

*Ce dimanche, 11 juin 2023, vous voterez un nouveau Conseil communal qui continuera à développer et moderniser notre belle Commune afin de répondre aux besoins et défis de notre époque. Notre équipe de neuf femmes et hommes – autant de candidats que votre nombre maximal de voix – s'est formée tout comme en 2017 avec le but de gagner votre confiance pour continuer à travailler pour notre Commune.*

*Notre équipe autour du Bourgmestre, du Premier Échevin et de deux Conseillers communaux actuels, s'est quelque peu renouvelée. Nous respectons le choix des mandataires qui, pour des raisons familiales, professionnelles ou personnelles, n'ont pas pu soumettre leur candidature.*

*Nous sommes dans la responsabilité et désirons continuer, sur base de ce qui a déjà été réalisé, à développer notre Commune, fiers du bilan du mandat 2017-2023 écoulé que nous pouvons présenter. Pour donner suite à la mise en œuvre de pratiquement toute la déclaration échevinale, il s'agit dans les années à venir de se focaliser surtout sur la rénovation et modernisation partielle des infrastructures éducatives – École et Maison Relais – dont le chantier vient de commencer.*

*En effet, suite à l'énorme engagement et le travail déjà réalisés entre la Commune et les partenaires scolaires, nous avons hâte d'accompagner le grand chantier de la nouvelle École qui va occuper la Commune d'une manière intensive jusqu'à la rentrée scolaire de 2026.*

*Toutefois, ceci ne nous empêchera pas de continuer les chantiers routiers d'une façon conséquente, en commençant – en raison de la conduite d'eau potable – par le renouvellement de la rue de Michelbouch pour laquelle la soumission publique vient d'être clôturée avec succès et dont le chantier commencera avant l'été.*

*Ensuite suivront la zone industrielle, tout comme les autres rues en mauvais état et pour lesquelles les projets sont pratiquement prêts, toujours avec l'objectif de renforcer la sécurité et de moderniser complètement les réseaux pour qu'ils soient à la pointe du développement, notamment dans le domaine de l'eau potable, des canalisations et eaux usées, de l'électricité, des télécommunications et de l'éclairage public.*

*À part les travaux d'infrastructure, nous continuons à nous engager pour le vivre-ensemble dans notre société, surtout en soutenant les clubs et associations financièrement et en logistique, et en transformant l'Ancienne École près de l'Église en une maison intergénérationnelle des citoyens et des associations – « une Maison pour tous ». Les travaux y avancent bien et à la fin de l'année, nous pourrons inaugurer les locaux.*

*D'un point de vue administratif et communicationnel, la Commune de Mertzig a complètement fait peau neuve au cours des dernières années. Avec le nouveau personnel communal dynamique, nous espérons poursuivre ce processus en perfectionnant et en optimisant davantage l'utilisation des divers instruments et canaux de communication.*

*Nous désirons continuer cet engagement pour que vous – citoyennes et citoyens de Mertzig – puissiez être fiers de votre Commune : une Commune vivante disposant d'une offre complète d'infrastructures, avec des associations culturelles et sportives engagées et intergénérationnelles, une nature intacte avec de nombreux sentiers cyclables et pedestre, ainsi qu'une offre adéquate de services et d'activités de loisirs.*

*Avec la refonte obligatoire du plan d'aménagement général (PAG), nous avons aspiré à garantir une croissance démographique plus lente et modérée. Il s'agit avant tout de moderniser les infrastructures au cours des prochaines années. Nous nous engageons pour que notre Commune demeure un village de l'espace rural riche en beauté et en qualité de vie, axé sur le bien-être commun dans l'esprit de notre leitmotiv #mertzig4all – une Commune pour tous.*

*Nous vous invitons à vous faire une idée de notre vaste bilan et notre programme ambitieux sur les pages suivantes. Notre équipe est bien consciente des nombreux défis qu'elle est prête à relever. Nous comptons sur votre soutien et nous vous remercions de la confiance que vous nous accordez.*

**Marcel BARROS**
**Stefano D'AGOSTINO**
**Claude FISCHER**
**Lena GOMES**
**Myriam HANSEN**
**Fernie LALLEMAND**
**Carine PIETTE**
**Mike POIRÉ**
**Lex SCHWIND**


M-team.lu



# Eis Equipe

## NOTRE ÉQUIPE

# Marcel BARROS

## 53 Joer // Energieberoder // Gemengeconseiller zënter 2022
## *53 ans // Conseiller en énergie // Conseiller communal depuis 2022*

De Marcel Barros wunnt zënter 1992 zu Mäerzeg wou hien deemools ganz jonk d'„Säiterthaus" um Butzebierg kaaft huet, wat hien dono jorelaang renovéiert huet. De Marcel ass bestuet a Papp vun 3 erwuessene Kanner. Am Kader vun der Komplementarwal ass de Marcel zënter Oktober 2022 am Gemengerot an zënter 2017 President vun der „Gringer Kommissioun".

Berufflech huet de Marcel sech puermol nei orientéiert fir seng Kärkompetenze besser anzesetzen, an awer och fir senger Leidenschaft, alles wat sech ronderëm nohalteg Energieressourcen dréit, all Kéier ee Krack méi no ze kommen. Dat goung vum Bankesecteur iwwert Schräinerei a Miwwelrestauratioun, bis zum techneschen Déngscht am Behënnerteberäich fir schliisslech am edukativen Domaine ze landen. Do hält de Marcel als Energieberoder Couren an de Grondschoule fir déi Jonk fir erneierbar Ressourcen an d'Nohaltegkeet ze begeeschteren an ze sensibiliséieren. De Programm „Nachhaltigkeit macht Schule" huet hien esou jorelaang begleet a ville Schoule vum Land, e.a. och zu Mäerzeg.

De Marcel huet souzesoen seng Passioun zum Beruff gemaach fir elo als Energieberoder am Optrag vun der KlimaAgence ze schaffen. Donieft organiséiert hien zënter méi wéi 10 Joer Atelieren an de Maisons Relaisen a Jugendhaiser queesch duerch d'Land, wou scho vill interessant a wäertvoll Projeten zustan komm sinn. Fir säi laangjäregen Engagement fir erneierbar Energie ass hien 2022 geéiert gi mat enger „Prime promotionnelle" vum Fonds Nova Naturstroum.

De Marcel Barros huet duerch säin Asaz an der „Gringer Kommissioun" an elo och am Gemengerot scho villes beweegt a war maassgeeblech bedeelegt un der Zertifikatioun vu Mäerzeg als éischt Gemeinwohlökonomie-Gemeng zu Lëtzebuerg an och beim Gold-Audit am Klimapakt. An och beim Repair Café Mäerzeg ass de Marcel de Mann vun der éischter Stonn!

*Marcel Barros habite à Mertzig depuis 1992. Très jeune, il a fait l'acquisition du « Säiterthaus » au Butzebierg, la maison qu'il a rénovée durant beaucoup d'années. Marcel est marié et père de 3 enfants adultes. Suite aux élections communales complémentaires d'octobre 2022, il siège au Conseil communal, et il préside la « Commission verte » depuis 2017.*

*Professionnellement, Marcel c'est réorienté plusieurs fois pour acquérir toujours plus d'expérience afin de se rapprocher toujours plus de son but et de sa passion : tout ce qui concerne les énergies renouvelables et la durabilité. Débutant à la banque, puis passant par la rénovation de meubles, le service technique dans le domaine du handicap, pour arriver finalement dans l'éducation. Il donne des cours dans les écoles fondamentales en matière des ressources renouvelables et de durabilité. Il a ainsi accompagné durant des années le programme « Durabilité fait école » dans de nombreux établissements scolaires dans tout le pays et à Mertzig.*

*Marcel a ainsi fait de sa passion son métier en agissant comme conseiller en énergie pour l'« Agence du Climat ». En plus, il organise depuis plus de 10 ans des ateliers dans les Maisons Relais et Maisons de Jeunes à travers le pays. Fin 2022, il a été honoré avec une « Prime promotionnelle » du Fonds Nova Naturstroum.*

*Marcel Barros s'est engagé de façon exemplaire dans les travaux de la « Commission verte » et siège également au Conseil communal depuis quelques mois suite à la vacance de postes. Il a contribué considérablement à la certification de Mertzig comme première « Commune de l'Économie pour le Bien commun » et dans le cadre du Pacte Climat où la Commune a atteint le plus haut degré, à savoir la certification « or ». Il est aussi l'homme de la première heure du « Repair Café » à Mertzig.*




„D'Liewensqualitéit vun den Awunner vu Mäerzeg läit mir besonnesch um Häerz an dofir war ech frou an houfreg wéi ech virun ca. 5 Joer d'Geleeënheet krut fir President vun der „Gringer Kommissioun" ze ginn. Déi lescht Joren hu mir vill nohalteg an ökologesch Projete begleet an ënnerstëtzt, wéi z.B. de Bike4All, den Dag vum Bam, déi kleng a grouss Botz oder rezent och d'Infoversammlung zum Bau vun enger Minisolaranlag. Als Gemengerotsmember ass et mir wichteg fir mäi Bäitrag zu den Entscheedungen déi musse geholl gi bäizesteieren. D'Verkéiersberouegung am Duerf ass do z.B. e wichtegt Thema well d'Sécherheet vun de Bierger, vu jonk bis al, ëmmer garantéiert muss sinn."

*« La qualité de vie des concitoyens me tient à cœur et pour cela j'étais fier et content de devenir le président de la « Commission verte ». Durant ces 5 années, nous avons soutenu et accompagné de nombreux projets écologiques et durables tels que l'évènement « Bike4all », la « Journée de l'arbre », le « petit et grand nettoyage », et plus récemment la réunion d'information sur la fabrication et l'installation de mini-photovoltaïques. En tant que membre du Conseil communal, il m'est important de contribuer aux décisions à prendre. À titre d'exemple, l'apaisement de la circulation est un sujet important car la sécurité routière des habitants jeunes et moins jeunes doit toujours être garantie. »*

# Stefano D'AGOSTINO

### 35 Joer // Politolog, Professer am Dikrecher Kolléisch // Gemengerot zënter 2011, 1. Schäffen zënter 2017

### *35 ans // Politologue, Professeur au Lycée Classique de Diekirch // Conseiller communal depuis 2011, Premier Échevin depuis 2017*

De Stefano D'Agostino wunnt scho vu klengem un zu Mäerzeg. Hien ass zënter 2022 mam Anne Bidoli bestuet an si hunn 2 Kanner. Zënter zwielef Joer vertrëtt hien d'Bierger am Gemengerot – tëscht 2017 a 2023 als 1. Schäffen, tëscht 2011 a 2017 als Conseiller. Zënter 2017 vertrëtt de Stefano d'Gemeng Mäerzeg als Délégué an den interkommunale Syndikater SICONA a SIDEC.

No der Première am Dikrecher Kolléisch huet hien op der Université Libre de Bruxelles ee Master an de Politikwëssenschaften gemaach, mat Spezialisatioun op europäescher Legislatioun.

De Stefano ass Professer am Dikrecher Kolléisch (LCD). Hien enseignéiert d'Fach Vie et Société op ville Klassen a gëtt och d'Fach Lëtzebuergesch op enger CLIJA-Klass. Donieft wäert hien ab September der Équipe vum Service d'orientation (SeO) am LCD bäitrieden. Virdrun huet hien als Beoptraagte fir Ëffentlechkeetsaarbecht am Europäesche Parlament geschafft. 2016 huet hie mam Viviane Reding um Buch „Roaming - Der Kampf von David gegen Goliath" matgeschafft, nodeems hien zwee Joer am Ausseministère war. 2013-14 war hien Assistent vum Astrid Lulling am Europaparlament, als Beroder an de Beräicher Landwirtschaft, Fraerechter, Wirtschaft a Wärung.

Politesch ass de Stefano säit senge Studien engagéiert. Nieft der Gemengepolitik ass hien och parteipolitesch ënnerwee.

Méi wéi zéng Joer laang war hien zu Mäerzeg am Fussball an hien huet fënnef Joer laang bei de „Mäerzeger Fonkerten" Theater gespillt. A senger Fräizäit liest de Stefano immens gären, ass gär an der Natur a verbréngt vill Zäit mat senger Famill.

*Stefano D'Agostino est originaire de Mertzig. Depuis 2022, il est marié avec Anne Bidoli, avec qui il a deux enfants. Depuis douze ans, il représente les citoyens au Conseil communal – en tant que Premier Échevin entre 2017 et 2023, en tant que Conseiller communal entre 2011 et 2017. Depuis 2017, Stefano est le délégué de la Commune de Mertzig au sein des syndicats intercommunaux SICONA et SIDEC.*

*Après avoir décroché son diplôme de fin d'études secondaires au Lycée classique de Diekirch, Stefano a fait des études de Master en sciences politiques – avec une spécialisation sur la législation européenne - à l'Université Libre de Bruxelles.*

*Actuellement Professeur au Lycée Classique de Diekirch (LCD), il y enseigne le cours de « Vie et Société » dans de nombreuses classes et le luxembourgeois dans une classe CLIJA. À partir de septembre 2023, Stefano va en outre intégrer l'équipe du Service d'orientation (SeO) du LCD. Auparavant, il a été chargé des relations publiques au Bureau du Parlement européen à Luxembourg. Passionné par l'écriture, Stefano a assisté Viviane Reding dans la rédaction du livre « Roaming - le combat de David contre Goliath en 2016, après avoir travaillé pendant deux années au Ministère des Affaires étrangères et européennes ». Entre 2013 et 2014, il était l'assistant d'Astrid Lulling au Parlement européen en matière d'agriculture, droits des femmes, économie et monnaie.*

*L'engagement politique de Stefano date déjà de ses études. Outre la politique communale, il a également un engagement partisan.*

*Stefano a passé plus de dix ans au FC Sporting Mertzig et a joué au théâtre pendant près de 5 ans auprès des « Mäerzeger Fonkerten ».*

*Dans son temps libre, Stefano adore lire, se promener dans la nature et passer du temps avec sa famille.*



# Stefano D'Agostino

„Fir mech sti Wäerter am Mëttelpunkt. Mënschewierd, Toleranz, Solidaritéit, ökologesch Nohaltegkeet, ... D'Verbesserung vun der sozialer Kohesioun féiert zu engem méi staarken Zesummenhalt, wat méi Liewensqualitéit bedeit. Enger Gemeng geet et gutt wann et dem Bierger gutt geet. Tëschemënschlech Relatioune sinn op mannst genau sou wichteg wéi di technesch Aspekter. Meng bescheiden Originnen, a virun allem meng béid Groussmammen, déi sech trotz Analphabetismus duerch d'Liewe gekämpft hunn, hu mech politesch gepräägt a mech dozou beweegt, eis Welt zu enger besserer Plaz wëllen ze maachen. Als Papp ass et mir besonnesch wichteg, eis Gemeng Kanner- a Familljefrëndlech ze gestalten. Fir alles dat wëll ech mech, zesumme mam M-team, engagéieren."

*« Ce qui compte pour moi, ce sont les valeurs. Dignité humaine, solidarité, soutenabilité écologique, ... L'amélioration de la cohésion sociale renforce le sentiment d'appartenance commune, ce qui apporte plus de qualité de vie. Une Commune se porte bien lorsque ses citoyens vont bien. Les relations interhumaines sont au moins aussi importantes que les aspects techniques. Mes origines modestes, et surtout mes deux grand-mères qui ont toujours su se battre, malgré leur analphabétisme, m'ont influencé politiquement et incité à vouloir faire de notre monde un endroit meilleur. En tant que père, il m'importe de développer notre Commune en tenant compte des besoins des enfants et des familles. C'est pour tout cela que je veux m'engager avec le M-team. »*

# Claude FISCHER

## 58 Joer // Berodungs-Expert an der Liewensmëttelveraarbechtung

## *58 ans // Expert-Conseil en transformation alimentaire*

De Claude Fischer ass zu Dummeldeng, Viruert vun der Stad Lëtzebuerg, grouss ginn. Hie wunnt zënter 1998 zu Mäerzeg wou seng zwee grouss Kanner, déi geschwënn hir Uni-Studien ofschléissen, opgewuess sinn.

No der Hotelsschoul zu Dikrech huet de Claude zu Grenobel Hotel-Management studéiert a war déi éischt Hallschent vu senger berufflecher Carrière Gerant am Horeca-Secteur vu Betriber an Däitschland, am Frankräich, an der Belsch an zu Lëtzebuerg. Déi lescht 20 Joer war seng Beruffung d'Entwécklung vun de Liewensmëttel aus der regionaler a Bio Landwirtschaft. Hien huet do enorm dozou bäigedroen dass sech de Label „Produit du Terroir" an d'Lëtzebuerger Mark „BIOG" (Bio-Bauere-Genossenschaft) um Marché etabléiert huet mat haut méi wéi 100 frësche Bio-Produiten an de Butteker.

Elo um Enn vum Beruffsliewe wëll hie seng Erfarung a Kenntnisser an den Déngscht vun der Allgemengheet setzen. Grënnungsmember a Member vum Verwaltungsrot vun der „Gemeinwohlökonomie Lëtzebuerg Asbl" huet hien immens engagéiert matgeschafft am Zertifikatiounsprozess vun der Gemeng Mäerzeg am LEADER-Projet #mertzig4all. De Claude ass donieft och Grënnungsmember an am Verwaltungsrot vun der „Greenergy Mäerzeg-Feelen", eng Société coopérative, déi sech engagéiert fir d'Produktioun vun erneierbaren Energien.

*Claude Fischer a grandi à Dommeldange, faubourg de Luxembourg. Il habite depuis 1998 à Mertzig et ses deux enfants, qui termineront bientôt leurs études universitaires, y ont grandi.*

*Après l'École hôtelière à Diekirch et ses études en gestion hôtelière à Grenoble, il a travaillé en tant que gérant Horeca pendant la première partie de sa carrière, ceci en Allemagne, France, Belgique et au Luxembourg. Les vingt dernières années, il était responsable du développement de produits alimentaires régionaux et bio au Luxembourg. Il a entre autres énormément contribué au développement des produits sous le label « Produit du Terroir » et de la marque luxembourgeoise « BIOG », avec plus de 100 produits frais bio, prêts à l'emploi.*

*Arrivé à la fin de sa vie professionnelle, il veut mettre ses expériences multiples au service de la société. Il est membre fondateur et membre du conseil d'administration de la section luxembourgeoise de la « Gemeinwohlökonomie » (Économie pour le Bien commun), et s'est investi beaucoup dans le cadre du projet LEADER #mertzig4all où notre Commune œuvre pour une société et une économie plus justes. Également membre fondateur et membre du conseil d'administration de la société coopérative Greenergy Mertzig/Feulen, il participe activement au développement régional de la production d'énergies vertes.*




„Ech hunn déi kleng Mäerzeger Revolutioun viru 6 Joer ënnerstëtzt a si net enttäuscht gi vum Resultat. Natierlech kann nach villes verbessert ginn, an dorunner géif ech mat menger Erfarung gäre matschaffen. Ech sti fir mënschlech Wäerter an nohalteg Wirtschaften. A menger laanger Beruffserfarung hunn ech geléiert, dass Éierlechkeet an Transparenz, kombinéiert mat Qualitéitsaarbecht, sech ëmmer duerchsetzen. Dëse Grondsaz gehéiert och an déi kleng a grouss Politik, an d'gesellschaftlech Zesummeliewen am Allgemengen. Als gebuerene Gestionnaire an Entrepreneur setzen ech mech e.a. a fir eng gutt Finanzgestioun a fir d'Wuel an d'Zesummeliewe vun alle Mäerzeger."

*« J'ai déjà soutenu la petite révolution de Mertzig il y a 6 ans, et le résultat me plaît. Bien sûr, il y aura toujours des améliorations possibles, et je voudrais y contribuer en tirant profit de mes expériences variées. Je milite pour les valeurs humaines et une gestion durable. Durant ma longue expérience professionnelle, j'ai appris que la transparence, assortie à du travail de qualité, sont la base de la pérennité d'un projet. Je suis d'avis que ces principes devraient régir la petite et la grande politique, ainsi que la vie communautaire en général. Gestionnaire et entrepreneur toute ma vie, la bonne gestion des finances me tient autant à cœur que le bien-être et la cohésion sociale des Mertzigeois. »*

# Lena GOMES

## Éducatrice graduée // 52 Joer
*Éducatrice graduée // 52 ans*

D'Helena Gomes, genannt Lena, ass zu Ettelbréck op d'Welt komm a wunnt säit 1997 zu Mäerzeg. Hatt ass bestuet an huet zwee erwuesse Meedercher: d'Sonia (28 Joer) an d'Elsa (21 Joer).

Als geléiert Coiffeuse huet d'Lena 13 Joer laang an dësem schéine Beruff geschafft, fir sech dunn ëmzeorientéieren an den Diplom vun der Sozialpedagogin zu Léck nozemaachen am „Centre de Promotion Sociale".

D'Maison Relais Mäerzeg huet 2005 seng Dieren opgemaach an d'Lena war ab 2009 am Team als „Aide socio-éducative" wou hatt sech fir d'éischt voller Energie an dëse neie Beräich lancéiert huet. Séier wollt d'Lena sech ëmmer méi an de pedagogesche Beräich eraschaffen an hat dunn nieft senger Aarbecht den Diplom vun der „Éducatrice graduée" nogemaach.

2015 gouf d'Lena dunn zu der „Chargée de direction" vun der Mäerzeger Maison Relais ernannt, eng Aufgab, déi hatt mat Häerz a Séil bis zu enger „Long-Covid" Erkrankung 2021 ausgeübt huet. Gesondheetsbedingt huet d'Lena zu deem Moment d'Direktioun leider missten ofginn, fir neien Aufgaben bei sengem Patron Arcus nozegoen.

Bastelen, Molen, Kachen, an der Natur spadséiere goen – dëst sinn dem Lena seng Passiounen. Hatt geet d'Saachen ganz gär nofuerschen a noliesen fir säi Wëssen ze beräicheren a verbréngt seng Fräizäit am léifsten mat senger Famill.

*Helena Gomes, nommée Lena, est née à Ettelbrück et habite à Mertzig depuis 1997. Elle est mariée et a deux filles adultes : Sonia (28 ans) et Elsa (21 ans).*

*Formée en tant que coiffeuse, Lena a travaillé dans ce beau métier pendant 13 années, avant de se réorienter afin d'étudier la profession d'éducatrice au « Centre de Promotion Sociale » à Liège.*

*La Maison Relais de Mertzig a ouvert ses portes en 2005 et dès 2009, Lena y a intégré l'équipe en tant qu'« aide socio-éducative », un défi dans ce nouveau domaine qu'elle a relevé avec beaucoup d'élan. Rapidement, Lena a développé des compétences en pédagogie, de sorte qu'elle a repris les études et passé le diplôme d'« éducatrice graduée » parallèlement à son travail.*

*En 2015, Lena a été nommée « Chargée de direction » de la Maison Relais de Mertzig, une fonction qu'elle a exercée avec cœur et âme jusqu'au moment où elle a été frappée par la maladie de « Long-Covid » en 2021. Pour des raisons de santé, Lena a dû renoncer à la direction de la Maison Relais pour se consacrer après la guérison à de nouvelles tâches auprès de son employeur Arcus.*

*Lena adore bricoler, dessiner, cuisiner, et se promener dans la nature. Elle aime approfondir ses connaissances en lisant et, surtout, passer son temps libre en famille.*




„Et ass mir wichteg dem Bierger nozelauschteren, aktiv matzeschaffen fir eis Gemeng no vir ze bréngen. Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Zesummenaarbecht an den Zesummenhalt vu Kompetenzen an de Ressourcen een Erfolleg ka ginn. Als Mamm, Éducatrice an als Mënsch läit mir d'Wuel vun de Kanner an de Matbierger um Häerz. Ech wëll dofir matgestalten a Responsabilitéit fir d'Gemeng Mäerzeg a sengen Awunner iwwerhuelen. Ech si frou an enger engagéierter Equipe ze sinn an hoffen d'Chance ze kréie mech aktiv fir eis Gemeng ze bedeelegen."

*« Il m'importe d'être à l'écoute des citoyens et de travailler beaucoup pour faire avancer notre Commune. Je suis convaincue que la coopération, ainsi que la mise en commun de compétences et de ressources mènent vers le succès. En tant que mère, éducatrice et citoyenne, le bien-être des enfants et de mes concitoyens me tiennent à cœur. C'est pourquoi je veux m'engager activement et assumer des responsabilités pour la Commune de Mertzig et ses habitants. Je suis heureuse de faire partie d'une équipe dynamique et espère obtenir la chance de m'engager activement. »*

# Myriam HANSEN

## 49 Joer // Léierin // Gemengeconseillère zënter 2017

## *49 ans // Institutrice // Conseillère communale depuis 2017*

D'Myriam Hansen wunnt säit senger Gebuert hei zu Mäerzeg an huet 2 Bouwen: de Numa (13 Joer) an de Noah (16 Joer).

No der Première zu Dikrech am Kolléisch, huet d'Myriam Pedagogie studéiert an schafft säit 28 Joer als Léierin zu Useldeng an der Grondschoul.

Wat d'Veräinsliewen ugeet, sou huet d'Myriam an der Mäerzeger Musek 25 Joer laang Bügel, respektiv Saxophon gespillt, an der fréierer Theaterequipe vun der Chorale Sainte Cécile Mäerzeg matgewierkt, an och laang Joren um Niklosbal vun der lokaler Croix-Rouge Sektioun den Houseker gespillt.

Firwat d'Myriam sech 2017 als Lokalpolitikerin engagéiert hat, war ënnert anerem de Bau vun enger neier Schoul zu Mäerzeg, well deemools seng eege Kanner an och hier Enseignanten ze kämpfen hate mat Klassesäll, déi deelweis mol net der regulärer Norm entsprach hunn. An enker Zesummenaarbecht mat all de Schoulpartner a nom Vote vum Gemengerot am Juni 2021 huet de Chantier endlech ugefaang an et kann ee sech elo schonn op de neie Schoulkomplex freeën!

*Myriam Hansen est originaire de Mertzig et a deux fils: Numa (13 ans) et Noah (16 ans).*

*Après avoir décroché son diplôme de fin d'études secondaires au Lycée classique de Diekirch, Myriam a fait des études de pédagogie. Depuis 28 ans, elle est institutrice à l'École fondamentale d'Useldange.*

*En ce qui concerne la vie associative, Myriam a enrichi pendant 25 ans la Fanfare de Mertzig avec son Bugle et son Saxophone, et a également fait partie de l'équipe de théâtre de la Chorale Sainte Cécile. En outre, elle a longtemps joué le rôle du Père Fouettard à l'occasion du Bal traditionnel de la Saint-Nicolas, organisé chaque année par la section locale de la Croix-Rouge.*

*La raison pour laquelle Myriam avait décidé de s'engager localement en 2017 résidait dans sa volonté de contribuer à la construction d'une nouvelle école à Mertzig. Ses propres enfants ainsi que le corps enseignant devaient faire face à des salles de classe qui ne correspondaient guère à la norme régulière. En collaboration étroite avec tous les partenaires scolaires et à la suite du vote du projet par le Conseil communal en juin 2021, le chantier vient maintenant de démarrer et on peut se réjouir d'ores et déjà du nouveau complexe scolaire.*




„Viru bësse méi wéi 100 Joer gouf d'Walrecht hei zu Lëtzebuerg sou reforméiert, dass och Fraen duerfe wiele goen a sech politesch engagéiere kennen. Aus Respekt fir all déi, déi deemools gekämpft hunn, fir dëst Walrecht ze erreechen, wëll ech mech als Fra politesch engagéieren. Ech si mir bewosst, dass een als Lokalpolitikerin oft uneckt, well et kann een jo net ëmmer jiddereen mat all Entscheedung frou maachen. Awer et ass ëmmer méi einfach fir an der zweeter Rei ze meckeren, wéi et an der éischter Rei besser ze maachen."

*« Il y a un peu plus de 100 ans, le droit de vote a été réformé au Luxembourg d'une manière telle que les femmes aussi puissent voter et s'engager politiquement. Par respect pour toutes celles et ceux qui se sont battus pour ces droits, je m'engage politiquement. Je suis consciente qu'en tant qu'élue locale, il est difficile de faire l'unanimité, sachant que les décisions ne peuvent pas toujours satisfaire tout le monde. Mais il est toujours plus simple de critiquer à distance que d'agir en première rangée. »*

# Fernie LALLEMAND

### 61 Joer // Pensionéiert Staatsbeamtin
### *61 ans // Fonctionnaire retraitée*

D'Fernie Lallemand ass gebierteg vu Réiden op der Atert an wunnt zënter 1988 zu Mäerzeg op der Haaptstrooss. Hatt ass bestuet mam Guy Rasquin, e Stackmäerzeger.

No der 10e „Secrétariat“ zu Ettelbréck an der Mëttelschoul, haut Lycée technique, ass d'Fernie bei der Post am „Postscheck“ agestallt gi wou hatt och seng ganz berufflech Carrière wärend 40 Joer geschafft huet. Zënter 2019 an der wuelverdéngter Pensioun, ass d'Fernie ëmmer fir seng Famill do a versuergt reegelméisseg säin Enkel.

D'Fernie ass immens engagéiert am Veräinsliewen an iwwerall do wou eng Hand gebraucht gëtt fir unzepaken: bei der Marche Gourmande Mäerzeg Asbl, beim ganz neie Veräin Noperschaftsinitiativ oder och als Presidentin bei der „Commission intergénérationnelle“ vun der Gemeng a bei Aktioune fir de gudden Zweck wéi z.B. dem Télévie deen d'Recherche géint de Kriibs ënnerstëtzt. D'Fernie geet och ganz gären an de Mäerzeger Précoce Geschichte liesen an hëlleft bei Traditioune wéi dem „Liichtmëssdag“.

D'Fernie ass och d'offiziell Vertriederin vun der Gemeng am Club Senior Nordstad an engagéiert sech nieft de Mäerzeger Veräiner zënter puer Joer an der Bäertrefer Musek a ganz rezent och am Organisatiounscomité vum Cinquantenaire vun de „Përmesfrënn“ (Amis de St Pirmin), de Veräin fir den Erhalt an d'Fërderung vun der Pilgerstätt um Pirminusbierg zu Kauneref (Kaundorf).

*Fernie Lallemand est originaire de Redange-sur-Attert et habite à Mertzig depuis 1988. Elle est mariée avec Guy Rasquin, Mertzigeois de souche.*

*Après la 10e « Secrétariat » à l'École moyenne d'Ettelbruck, devenue le Lycée technique, Fernie a passé quarante années de vie professionnelle chez « Poste et télécommunications Luxembourg » au service des « chèques postaux ». Retraitée depuis 2019, elle est toujours proche de sa famille et aime passer beaucoup de temps avec son petit-fils.*

*Fernie est très engagée dans le milieu associatif et toujours prête à donner un coup de main : auprès de la « Marche Gourmande Mertzig asbl » ou de la nouvelle association « Noperschaftsinitiativ » qui promeut l'interaction entre voisins. Elle préside la Commission intergénérationnelle de la Commune de Mertzig et s'engage dans le cadre de manifestations de bienfaisance comme le « Télévie » qui soutient la recherche contre le cancer. Elle donne lecture d'histoires au « Précoce » de l'École fondamentale et accompagne les enfants lors des traditions locales telle que la chandeleur.*

*Fernie est la représentante officielle de la Commune auprès du « Club Senior Nordstad » et s'engage depuis des années auprès de la Harmonie de Berdorf et tout récemment au comité d'organisation du cinquantenaire des « Amis de St Pirmin », l'association qui entretient et promeut le lieu de pèlerinage « Pirminusbierg » à Kaundorf.*



## Fernie Lallemand

„Als Zil hunn ech, dass eis Kanner gären zu Mäerzeg an d'Schoul ginn, dass mir eng gutt Maison Relais hunn an dass all Kand déi selwecht Chance kritt. Och déi eeler Generatioun däerf net ze kuerz kommen, z.B. wann et drëms geet den Internet oder de Fonctionnement vun engem Handy ze erklären. Et geet drëms eis Senioren ëmmer gutt ze informéieren, flott Aktivitéiten unzebidden an och ëmmer en oppent Ouer zu hunn fir hir Suergen. An eis schéi Spadséier- a Bëschweeër sollen nach gutt ausgeschëldert ginn, e Projet dee scho méi laang an der Planung ass a geschwënn ofgeschloss ka ginn."

*« Je m'engage afin que les enfants aiment fréquenter l'École et la Maison Relais à Mertzig. Tout enfant doit avoir les mêmes chances. De même, les seniors doivent pouvoir profiter de formations par exemple concernant l'utilisation d'un ordinateur ou d'un smartphone. Il importe d'être à l'écoute, d'informer et de proposer des activités variées. En outre, les chemins de randonnée doivent être mieux balisés, un projet qui est en préparation depuis un certain temps et qui sera bientôt mis en œuvre. »*

# Carine PIETTE

## 51 Joer // Sekretärin bei der Lëtzebuerger Arméi
*51 ans // Secrétaire auprès de l'Armée luxembourgeoise*

D'Carine Piette ass gebierteg vu Biissen, wunnt zënter 2004 zu Mäerzeg an ass elengerzéiend Mamm vu sengem Meedche Kim.

D'Carine huet eng Léier fir Coiffeuse gemaach, uschléissend d'Meeschterprüfung fir Dammen an Hären. No 15 Joer Erfarung am Beruff huet hatt de Salon vu senger Cheffin iwwerholl a war 9 Joer laang selbstänneg.

2015 huet d'Carine bei der Lëtzebuerger Arméi als Coiffeuse ugefaangen, mee huet 2020 säi Beruff aus gesondheetleche Grënn missten opginn. Hatt huet sech doropshin am Sekretariat am administrative Beräich vun der Lëtzebuerger Arméi nei orientéiert an ass frou mat dëser neier Erausfuerderung.

D'Carine engagéiert sech immens gäeren benevoll, sou z.B. säit iwwer 20 Joer zu Groussbus an der Schankemännchen Asbl, an der Event-Kommissioun vun der Gemeng Mäerzeg, am Comité vun der Mäerzeger Musek, oder nach am Mäerzeger Turnveräin, wou hatt och iwwert 20 Joer aktiv war.

An der Fräizäit ass seng Passioun liesen, mat sengem Meedchen an de Kino Filmer a Musicals kucke goen, a vill Zäit an der Natur verbréngen mam Vëlo oder zu Fouss.

*Carine Piette vit à Mertzig depuis 2004, après avoir habité à Bissen. Elle élève seule sa fille Kim.*

*Carine a effectué un apprentissage en tant que coiffeuse, suivi d'un brevet de maitrise pour femmes et hommes. Après 15 années d'expérience dans ce métier, elle a repris le salon de sa patronne et est ainsi devenue indépendante pendant 9 années.*

*En 2015, Carine a commencé à travailler en tant que coiffeuse auprès de l'Armée luxembourgeoise, avant d'avoir été contrainte de quitter son métier pour des motifs de santé. Conséquemment, elle s'est réorientée vers le domaine administratif de l'Armée luxembourgeoise, à savoir son Secrétariat, un nouveau défi qu'elle a relevé avec joie.*

*Carine se distingue par son immense engagement dans le domaine du bénévolat, par exemple au sein de la l'Asbl « Schankemännchen » pendant plus de 20 années, au sein de la commission « Event » de la Commune de Mertzig, dans le comité de la « Mäerzeger Musik », ou encore au sein du « Mäerzeger Turnveräin » où elle a été active pendant plus de 20 ans.*

*Dans son temps libre, elle adore lire, aller au cinéma ou assister à des comédies musicales avec sa fille, et passer beaucoup de temps dans la nature – à pied ou à vélo.*



# Carine Piette

„No bei de Leit, dem Bierger nolauschteren, aktiv matschaffen, d'Problemer an d'Suerge vun de Leit eescht huelen, prett sinn fir d'Erausfuerderunge vun eiser Gemeng ze meeschteren – dofir setzen ech mech an. Ech wëll dofir matgestalten a Responsabilitéit fir d'Gemeng Mäerzeg a seng Awunner iwwerhuelen. Ech sinn houfreg Deel vun dëser jonker an dynamescher Equipe ze sinn an hoffen d'Chance ze kréien mech aktiv kënnen ze bedeelegen fir eis Gemeng."

*« Être proche des gens, être à l'écoute des citoyens, participer activement, prendre au sérieux les problèmes et les soucis des personnes, être prête à relever les défis de notre Commune – c'est pourquoi j'entends m'engager, je désire m'impliquer et assumer des responsabilités. Je suis fière de faire partie de cette équipe jeune et dynamique. J'espère obtenir la chance de m'engager activement pour notre Commune. »*

# Mike POIRÉ

### 44 Joer // Jurist // 1. Schäffen vun 2005 bis 2011 // Buergermeeschter zënter 2017

### *44 ans // Juriste // Premier Échevin de 2005 à 2011 // Bourgmestre depuis 2017*

De Mike Poiré ass e Mäerzeger duerch an duerch. Hien ass do opgewuess an ab 1984 an d'Primärschoul gaang. Mam Vëlo ass hien als klenge Bouf vill duerch d'Duerf gefuer an huet e groussen Deel vun der Fräizäit um Fussballterrain verbruecht wou deemools 1987 mat him als Kapitän déi éischt Poussins-Equipe vum FC Sporting gegrënnt ginn ass. Haut denkt hie gären zréck un dës spannend Zäit mat der Nummer 10 um Réck als Spillmécher, wou hien och puer Joer an de Jugend-Nationalkader selektionéiert ginn ass.

Mat 10 Joer war de Mike de Batteur vun der Mäerzeger Musek a Solist beim Galaconcert 1989. Kuerz drop huet hien, op eegene Wonsch, mat sengem Papp a grousse Brudder ugefaang op de Kiermessen, Baler an Hochzäiten am ganze Land Danzmusek ze spillen: um Akkordeon, Keyboard an op der Batterie.

No der Première zu Dikrech am Kolléisch huet de Mike zu Nanzeg Droit a Politik studéiert. Seng beruflech Statiounen waren d'Affekoten-Etüd Wildgen an der Stad, d'Handwierkerkummer, de Wirtschaftsministère an zënter 2011 de Staatsrot wou hien als Jurist schafft.

No de Léierjoren an der Politik ass de Mike 2017 mat sengem Team an dem ambitiéise Walprogramm – E Neiufank fir Mäerzeg – immens ënnerstëtzt ginn an op de Buergermeeschterstull gewielt ginn. Mat der staarker Equipe am Réck sinn d'Projete konsequent ugepaakt ginn a no déck 5 Joer dono ass scho ganz vill erreecht ginn am onëmgängleche Moderniséierungsprozess vun der Gemeng Mäerzeg.

De Mike mécht leidenschaftlech gäre Politik fir seng Gemeng an huet, zesumme mam M-team, nach vill wëlles! Als Buergermeeschter vertrëtt hien d'Gemeng an den interkommunale Syndikater DEA a SIDEN, beim LEADER an am ORT. Zënter 2021 presidéiert hien de Comité de pilotage Natura 2000 Atert-Warkdall. 2022 ass hien vum Regierungsrot an de Nohaltegkeetsrot genannt ginn.

D'Rou an den Ausgläich fënnt de Mike doheem bei senger Fra an hiren zwou Kazen, wéi och beim Musekmaachen a méi rezent op der Vespa wou hie leschte Summer vu Mäerzeg bis op Pisa gefuer ass.

*Mike Poiré est originaire de Mertzig. Il y a fréquenté l'École primaire à partir de 1984. Petit garçon, il a adoré parcourir le village à bicyclette et a passé beaucoup de temps sur le terrain de foot. En 1987, la toute première équipe de poussins avait été créée et Mike fût désigné le capitaine de l'équipe du FC Sporting. Il garde de beaux souvenirs de cette époque avec le numéro 10 au dos. Distributeur de ballon, il a été sélectionné pendant plusieurs années en équipe nationale des jeunes.*

*À 10 ans, Mike était le batteur de la Fanfare locale et soliste lors du concert de gala en 1989. Peu après, le trio musical avec son père et frère aîné a été formé et l'orchestre familial a commencé à jouer lors des kermesses, bals populaires et mariages à travers tout le pays. Ses instruments préférés étaient l'accordéon, les claviers et la batterie.*

*Après le diplôme de fin d'études secondaires au Lycée classique de Diekirch, Mike a étudié le droit et les sciences politiques à Nancy. Maître en droit, ses étapes professionnelles l'ont mené de l'étude d'avocats Wildgen à la Chambre des Métiers, au Ministère de l'Économie et finalement au Conseil d'État où il travaille depuis 2011.*

*Après les années d'apprentissage en politique, Mike s'est lancé en 2017 avec le « M-team » un défi avec le programme ambitieux – Un renouveau pour Mertzig – et l'équipe a connu un franc succès lors des élections. Premier élu, Mike a été désigné Bourgmestre. Avec les coéquipiers, le processus de modernisation de la Commune de Mertzig a été entamé et aujourd'hui, au bout de presque 6 ans de mandat, de nombreux projets ont déjà été réalisés.*

*Mike est amoureux de son village et très motivé de poursuivre les travaux en cours. Il représente la Commune dans les syndicats intercommunaux DEA et SIDEN, ainsi qu'au LEADER et ORT. Depuis 2021, il est le président du Comité de pilotage Natura 2000 Atert-Warkdall et il a été nommé membre du Conseil supérieur pour un développement durable en 2022.*

*Le calme et l'équilibre, il les trouve au foyer avec sa partenaire et ses deux chats, tout comme en faisant de la musique et des randonnées en Vespa qui l'ont mené jusqu'à Pise l'été dernier.*




„Politik maachen ass kee Spill. Wann ee sech géigesäiteg respektéiert, wann un engem Strang gezu gëtt, wann ee fir d'Saach kämpft a wann ee weess wat ee wëll, da kann een a kuerzer Zäit immens vill bewierken. Ech sinn houfreg iwwert dat wat mir bis elo fir eis Gemeng erreecht hunn. D'Investitioune sinn héich, awer noutwendeg. Ech hu vill Freed un der Aarbecht a wëll zesumme mat der Equipe eis Gemeng weider no vir bréngen a moderniséieren. Mir iwwerhuele Verantwortung fir dat wat nach muss gemaach ginn an zielen dofir op Är Ënnerstëtzung an Äert Vertrauen."

*« Faire de la politique n'est pas un jeu. En se respectant mutuellement et en visant les mêmes objectifs, on peut accomplir beaucoup en peu de temps. Je suis fier de tout ce que nous avons déjà mis en œuvre pour la collectivité. Les investissements sont importants, mais nécessaires. J'adore mon travail et je veux poursuivre le processus de modernisation indispensable de notre belle Commune. En équipe, nous assumons cette grande responsabilité et nous comptons sur votre soutien et votre confiance. »*

# Lex SCHWIND

## 26 Joer // Geograph
*26 ans // Géographe*

De Lex Schwind ass zu Mäerzeg opgewuess an och do an d'Schoul gaangen. No der Première am Atert-Lycée Réiden am Joer 2016 huet hie säi Bachelorstudium op der Universitéit Tréier absolvéiert an ass elo kuerz virum Ofschloss vum konsekutive Master mat Schwéierpunkten an der Raumanalys an an der Raumplanung.

De Lex ass géigewäerteg beruflech täteg an engem Bureau d'études a nieft dem Studium an dem Beruff och parteipolitesch aktiv a beim Mouvement Écologique engagéiert.

An engem universitäre Kader hëlt de Lex reegelméisseg u Fuerschungsprojeten deel an engagéiert sech och an der administrativer Selbstverwaltung.

A senger Fräizäit dreift hie gäre Sport. Gläichzäiteg huet hien eng Passioun fir d'Nuetsliewen. Als Discjockey leet hie säit 8 Joer Weekends zu Lëtzebuerg an am Ausland op.

*Lex Schwind a grandi à Mertzig et y a fréquenté l'École fondamentale. Après avoir obtenu son diplôme de 1ère à l'Atert-Lycée de Rédange en 2016, il a accompli un Bachelor à l'Université de Trèves et est sur le point d'obtenir son Master spécialisé dans l'analyse et l'aménagement du territoire.*

*Lex travaille actuellement au sein d'un Bureau d'études. Parallèlement à ses études et à son métier, il est actif au sein d'un parti politique et s'engage auprès du Mouvement Écologique.*

*Lex participe régulièrement à des projets de recherche dans un contexte universitaire et s'y engage en outre dans l'autogestion administrative.*

*Dans son temps libre, il aime pratiquer du sport. En outre, il est passionné par la vie nocturne. En tant que Disc-jockey, il se produit le weekend depuis 8 années déjà au Luxembourg et à l'étranger.*




„Mäerzeg als eng liewenswäert an inklusiv Gemeng fir jiddereen! Dat wënschen ech mir an dofir setzt sech d'M-Team och an. An enker Zesummenaarbecht mat lokalen Acteuren a virun allem de Bierger soll mat Fokus op eng ressourcëschounend a gerecht Energie-, Ëmwelt- a Sozialpolitik eng nohalteg a resilient Duerfentwécklung an de kommende Joren erreecht ginn!"

*« Mertzig en tant que Commune inclusive pour tout le monde et où il fait bon vivre ! C'est ce que je désire, et ce à quoi s'engage le M-Team. En collaboration étroite avec les acteurs locaux et surtout les concitoyens, un développement résilient et soutenable de notre Commune doit être notre objectif, en mettant l'accent, au cours des prochaines années, sur une politique énergétique, environnementale et sociale équitable et respectueuse des ressources. »*

# 1. ENG MODERN A BIERGERNO GEMENG

## a. Informatioun a Kommunikatioun



**Traditionell a modern Kommunikatiounsmëttel**. Mir hunn eis Gemeng kommunikatiounstechnesch mat engem neie modernen Internetsite an enger CityApp fir Android an iOS mat Push-up Funktioun nei opgestallt. Elektronesch Informatiounstafelen an den Haaptagäng vu Mäerzeg, eng digital Borne beim inklusiv renovéierten Gemengenhaus, den e-Reider, d'Noperschaftsnetzwierk Hoplr wéi och d'sozial Reseauen kompletéieren d'Offer. Donieft sinn a bleiwen déi traditionell Formen fir d'Kommunikatioun wéi eisen neie Gemengebuet „Martiaco", Schoulbuet „Maarkollef" wéi och d'Flyer „toutes-boîtes" weiderhin wichteg Informatiounskanäl.

Et gëllt dës nei Outilen ze optimiséieren an auszebauen fir se ëmmer nees unzepassen un den technesche Fortschrëtt. An deem Sënn kombinéiere mir an Zukunft beschtméiglech eis traditionell a modern Kommunikatiounsmëttel wou an Zesummenaarbecht mam Gemengepersonal méi Regelméissegkeet a System geschaf ginn.

Nei Funktiounen wéi z.B. de Report-it um neien Internetsite an och der CityApp wou d'Bierger ganz einfach via Handy dem techneschen Service vun der Gemeng Mängel oder Defekter bei ëffentlechen Infrastrukturen kënne matdeelen optimiséiere mir, wéi och de Chantier-Management wou d'Gemeng nach besser iwwert aktuell a bevirstoend Chantieren kommunizéiere kann.

Personaltechnesch hu mir dofir och weider Aarbechtsplaze geschaf, wou ab Oktober eise techneschen Déngscht an der Verwaltung nach verstäerkt gëtt duerch eng Persoun, déi e.a. och d'Aarbechte vum „Travailleur désigné" a Sécherheetsbeoptragten iwwerhëllt. Dëst wäert zu méi Effikassitéit tëscht de Gemengeservicer féieren.

**Digitalisatioun**. Mir hunn d'Buch „Mäerzeg 2000", wat leider vergraff ass, digitaliséiere gelooss iwwert de LEADER-Projet ARNU (Archives régionales numérisées). D'Zil vun dësem Projet ass d'Erhale vum kulturellen an historeschen Ierwen duerch Digitaliséierung an Indexéierung vun Dokumenter. D'Asbl Autisme Luxembourg vu Biekerech krut esou den Optrag fir dëst eemolegt Wierk ze scannen. Dat ganzt Buch ass online disponibel op mertzig.lu. Am selwechte Kontext ass d'Publikatioun „Eppes mateneen erliewen – 2011" digitaliséiert ginn, wéi och d'Gemengeblieder déi ab 2005 eraus komm sinn. Mir setzen eis dofir an, dass dësen digitalen Archivage weider ausgebaut ka ginn.

**Mediathéik**. Dank dem Engagement an der Hëllef vu ville lokalen a regionalen Fotografen huet sech eng riseg Datebank opgebaut mat schéine Biller aus eiser Gemeng, déi mir an Zukunft an enger online Mediathéik op mertzig.lu zur Verfügung stelle fir esou och iwwer Joren een Abléck an Evenementer, Baustellen oder Veräinsaktivitéiten ze erméiglechen.

# *1. UNE COMMUNE MODERNE ET PROCHE DE SES CITOYENS*

## *a. Information et communication*



***Outils de communication traditionnels et modernes***. *Nous avons équipé la Commune d'un nouveau site internet moderne et d'une CityApp pour Android et iOS comprenant une fonction « push-up ». Cette offre est complétée par des panneaux d'information électroniques aux entrées principales de Mertzig, une borne digitale aux portes de la Maison communale rénovée d'une manière inclusive, l'e-Reider, l'application de voisinage Hoplr, et par les nombreux réseaux sociaux sur lesquels la Commune est présente. En parallèle, les outils de communication traditionnels – comme notre nouveau bulletin communal « Martiaco », le bulletin scolaire « Maarkollef », les dépliants « toutes-boîtes » – sont et demeurent un moyen de communication important.*

*Il s'agit de développer et d'optimiser ces nouveaux outils pour les adapter sans cesse aux progrès techniques. Nous continuons à combiner le mieux possible les outils de communication traditionnels et modernes et, en coopération avec le personnel communal, leur donner plus de structure et de continuité.*

*Nous entendons optimiser les nouvelles fonctionnalités telles que le Report-it du site internet et de la CityApp, qui permettent aux citoyens de communiquer en toute simplicité et via leur téléphone portable, des problèmes et défauts relatifs aux infrastructures publiques. Nous voulons en outre parfaire notre gestion des chantiers en vue d'une communication plus systématique sur les projets actuels et futurs de la Commune.*

*Par ailleurs, nous avons renforcé encore davantage le personnel communal. À partir du mois d'octobre, notre service technique sera complété par une personne qui assurera entre autres les tâches de « travailleur désigné » et de délégué à la sécurité ce qui augmentera certainement l'efficacité entre les services communaux.*

***Digitalisation***. *Nous avons fait digitaliser le livre « Mertzig 2000 » qui n'est plus édité, par le biais du projet LEADER ARNU (Archives régionales numérisées). L'objectif de ce projet consiste à sauvegarder l'héritage culturel et historique par la digitalisation et l'indexation. L'asbl Autisme Luxembourg de Beckerich a obtenu la mission de digitaliser cette œuvre unique et désormais disponible sur le site internet mertzig.lu. Dans le même contexte, nous avons numérisé la publication « Eppes mateneen erliewen – 2011 », tout comme les bulletins communaux parus depuis 2005. Nous allons continuer de nous engager pour le développement ultérieur de cet archivage digital.*

***Médiathèque***. *Grâce à l'aide et à l'engagement de nombreux photographes locaux et régionaux, une base de données immense a pu être construite, composée de belles images de notre Commune que nous entendons mettre à la disposition dans une médiathèque en ligne sur mertzig.lu. Ceci nous permettra de garantir un aperçu des événements, des chantiers, des activités des associations, etc.*





**Virtuell Visitten**. Mir hunn op der neier Internetsäit eng virtuell Visitt vun eiser Gemeng ageriicht, wou ee mat puer Klicks op verschidde Plaze vun der Gemeng kucke ka goen. Dës virtuell Visitt gouf och z.B. ugebuede wärend der ganzer Zäit vum Chantier vum Gemengenhaus.

**Spezialeditioun „Martiaco"**. Grouss Reformen wéi z.B. d'Refonte vum PAG hu mir an enger Spezialeditioun vum Gemengebuet presentéiert fir esou de Bierger beschtméiglech ze informéieren. Grouss laangfristeg Projeten wéi z.B. d'Entwécklungskonzept ronderëm d'Turelbaacher Schlass oder grouss Evenementer sinn an der Maach a ginn dëse Summer nach publizéiert.

## b. Déngscht um Bierger

**Biergerbüro mat flexibelen Ëffnungszäiten**. Déi nei inklusiv renovéiert Gemeng ass als moderne Biergerbüro opgestallt gi mat méi flexibelen Ëffnungszäite wou gängeg Verwaltungsvirgäng séier, fréndlech an onkomplizéiert gemaach kënne ginn.




Mir hunn eng „Ouverture matinale" agefouert fir dem Bierger nach méi entgéintzekomme bei den administrativen Demarchen. Well d'„Ouverture nocturne" kaum nach genotzt gouf hu mir déi an Ofsprooch mam Gemengepersonal fale gelooss.

**Gutt forméiert Gemengepersonal**. D'Gemengepersonal spillt eng wichteg Roll am Kontakt mat de Bierger, souwuel wat d'Administratioun wéi d'Regie betrëfft. D'Gemeng ass e fortschrëttlechen Employeur a stellt duerch nei, motivéierend Konzepter sécher, dass d'Mataarbechter déi villfälteg Aufgaben professionell uginn an déi zur Zefriddenheet vun de Bierger erfëlle kënnen. Och an d'Zukunft ass et d'Aufgab vun der Politik de beschte Kader ze garantéieren fir dass déi verschidde Gemengeservicer hiren Job héichmotivéiert an am Déngscht vun alle Bierger an am géigesäitege Respekt ausfëlle kënnen.

**Reorganisatioun vun de Servicer**. Am Dialog mat der Equipe hu mir d'Aarbechten an d'Responsabilitéiten nei opgedeelt. En Organigramm gouf opgestallt a verschidde Servicer geschaf fir déi verschidde Beräicher an Aufgaben. Fir méi Effikasitéit a Flexibilitéit kënnen ze garantéieren, gräife mir bei Bedarf verstäerkt op Beschäftegungsinitiativen zréck oder iwwerloosse bestëmmten Entretien-Aarbechte spezialiséierte Firmen, wat d'Gemengeservicer organisatoresch dann entlaascht.

**e-Mäerzeg**. Duerch déi nei digital Offer hu mir nieft dem e-Reider schonn eng ganz Rei online administrativ Demarchen, fir d'Bierger an d'Veräiner, en place gesat. Dës Offer soll an Zukunft weider optimiséiert an ausgebaut ginn. Mir hunn agefouert dass d'Gemengerechnunge just nach iwwert Email kënne gescheckt, oder ganz einfach via Payconiq bezuelt kënne ginn. Mir hunn an digital intelligent Waasserzäler investéiert déi no a no an all Haushalt installéiert ginn. Dës erméiglecht méiglech Fuitten doheem oder am Reseau direkt ze detektéieren.

***Visites virtuelles****. Nous avons mis en place, sur notre site internet, la possibilité d'effectuer une visite virtuelle du territoire communal, permettant de visualiser en quelques clics plusieurs endroits de notre Commune. Une telle visite virtuelle avait d'ailleurs déjà été mise en place pendant toute la durée du chantier de la Maison communale.*

***Édition spéciale « Martiaco »****. Les grandes réformes, telles que la refonte du PAG, feront l'objet d'une édition spéciale du bulletin communal afin d'informer le citoyen le mieux possible. Nous publions et informons également en détail sur les grands projets de longue envergure ou les événements importants, par exemple le chantier, l'inauguration et les portes ouvertes de la Maison communale, ou le concept de développement du Château de Turelbaach.*

## *b. Services au citoyen*

***Flexibilité des heures d'ouverture des services communaux****. Nous avons modernisé le nouveau bâtiment inclusif de l'Administration communale en introduisant des plages d'ouverture hebdomadaire plus flexibles, permettant aux citoyens d'effectuer leurs démarches administratives d'une manière simple et rapide. La nouvelle « ouverture matinale » tient compte des contraintes temporelles des citoyens pour effectuer ces démarches. En concertation avec le personnel communal, l'« ouverture nocturne » a quant à elle été supprimée puisqu'elle n'était pratiquement plus fréquentée.*

***Personnel communal bien formé****. Le personnel communal joue un rôle important dans le contact avec le citoyen, aussi bien en ce qui concerne l'administration que la régie. La Commune doit être un employeur moderne et garantir, à travers des concepts motivants, que le personnel puisse accomplir ses tâches avec engagement et à la plus grande satisfaction des citoyens. À l'avenir aussi, la politique aura pour mission de mettre en place le meilleur cadre possible pour que les différents services communaux puissent travailler avec une grande motivation et dans le respect mutuel.*



***Réorganisation des services****. Dans le dialogue avec l'équipe, nous avons réorganisé les tâches et les responsabilités. Un organigramme a été élaboré et certains services ont été créés couvrant différents domaines d'activités. Pour garantir plus d'efficacité et de flexibilité, nous avons recours, en cas de besoin, à des initiatives pour l'emploi ou déléguons certains travaux d'entretien spécifiques à des firmes spécialisées, permettant ainsi de décharger quelque peu les services communaux d'un point de vue organisationnel.*

***e-Mertzig****. Grâce à notre nouvelle offre digitale, nous avons déjà mis en place, à côté du e-Reider, toute une série de démarches administratives en ligne pour les citoyens et les associations. Celle-ci doit encore être optimisée et développée davantage. Nous avons en outre permis aux citoyens d'opter pour l'envoi de leurs factures par e-mail et de payer leurs factures aisément via Payconiq. De plus, nous avons investi dans des compteurs d'eau intelligents qui sont peu à peu en train d'être installés dans chaque ménage. Ceux-ci nous permettent de détecter plus rapidement d'éventuelles fuites à domicile ou dans le réseau.*

***Médiation communale****. Nous avons introduit un « Service de Médiation » neutre et indépendant permettant – grâce à une aide professionnelle – de résoudre, de manière simple et gratuite, la plupart des conflits de voisinage.*

**Kommunal Mediatiounsstell**. Mir hunn een onofhängegen a neutralen „Service de Médiation" agefouert wou Konflikter ënnert Noperen an de meeschte Fäll dank professioneller Hëllef einfach a gratis geléist kënne ginn.

## c. Transparenz

**Gemengerotssitzungen**. Déi komplett Rapporte vun den ëffentleche Gemengerotssitzunge si permanent online wéi am „Martiaco" verfügbar. D'Redaktioun an den Zäitpunkt vun der Publikatioun wëlle mir awer an Zesummenaarbecht mam Gemengepersonal duerch geziilt Methoden optimiséieren.

**Aarbechtssëtzungen**. Aus reng politescher Siicht a fir esou transparent wéi méiglech ze sinn huet de Schäfferot reegelméisseg Aarbechtssëtzungen mam Gemengerot agefouert fir esou iwwert all usteeënd Projeten a noutwendeg Reformen ausféierlech ze debattéieren mam Zil, de beschtméigleche Kompromëss ze fannen a kompliséierten Dossieren, zum Wuel vun der Allgemengheet. Dëst huet dozou geféiert, dass de ganze Gemengerot konstruktiv fir d'Saach geschafft huet an dass keng onnéideg Zäit an der Präparatioun vu wichtegen Dossieren verluer ginn ass.

**Online Zougang zu Dokumenter**. Am Aklang vun der Dateschutzgesetzgebung stelle mir all administrativ Dokumenter onbegrenzt um Internetsite vun der Gemeng zur Verfügung. D'Offer op der Säit wiisst permanent a betrëfft dat komplett Liewen an der Gemeng.

## d. Participatioun

**Biergerpartizipatioun**. Als Member-Gemeng vum Aktiounsgrupp LEADER Wëlle Westen (LEADER ass eng Initiativ vun der europäescher Unioun an heescht „Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale") gëtt zu Mäerzeg d'Biergerpartizipatioun zënter Jore ganz grouss geschriwwen. Zënter 2017 hu mir eis verstäerkt agesat fir kee bausse vir ze loossen a fir eis Gemeng zesummen a participative Projete weiderzeentwéckelen. Dat war virun allem de LEADER-Projet #mertzig4all wou 2019 an 2020 reegelméisseg Workshops organiséiert gi sinn fir all Bierger, Kommissiounen, Entreprisen, Associatiounen a Gemengepersonal matzehuelen a wou all Iddi an Input an den éischte Gemeinwohlökonomie-Rapport 2020 gefloss sinn.

**Gedankekëscht®**. Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Integratiounsministère hu mir de participative Projet Gedankekëscht® - Iddieprotokoll fir déi „Al Schoul" - am November an Dezember 2022 lancéiert. D'Resultat ass e komplette Rapport deen dëse participative Biergerprojet dokumentéiert an wou elo dësen Hierscht a Wanter ëmgesat gëtt. Aus der „Aler Schoul" entsteet esou eist Bierger- a Veräinshaus oder d'„Maison du Bien commun".

**HOPLR.** Mir hunn d'Noperschaftsnetzwierk Hoplr fir eis Gemeng agefouert, eng App a Websäit fir d'Noperschaft an d'Zesummeliewen an der Gesellschaft ze stäerken. Jiddereen deen an der Gemeng wunnt, ka sech aschreiwen an op eng einfach Manéier mat senge Noperen a Kontakt kommen fir sech z.B. géigesäiteg ze hëllefen oder Ënnerstëtzung unzebidden. Déi éischt Resultater an d'Benotzung si ganz villverspriechend. An Zukunft wëlle mir d'App erweideren mat enger Sondage-Funktioun wou d'Gemeng Ëmfroe ka lancéieren zu verschiddene Sujeten fir d'Leit nach méi an déi politesch Aarbecht anzebannen.

**Vibrer local**. De Site vibrerlocal.com ass och eng participativ Plattform, déi mir de Veräiner a Kommissiounen presentéiert haten, wou geziilt Aktivitéiten ënnert Gläichgesënnten organiséiert kënne ginn. Zemools fir d'Kommissiounsaarbecht wëlle mir dësen Outil verstäerkt asetzen.



**Participative Budget**. Mir analyséieren d'Méiglechkeet fir d'Konzept vum „participative Budget" zu Mäerzeg anzeféieren. Dëst ass een Instrument fir all d'Bierger, déi dem Schäfferot e Projet kënne presentéieren deen dann evaluéiert a chiffréiert gëtt an am Kader vun den Budgetsdebatten seng Plaz am Gemengebudget kéint fannen fir ëmgesat ze ginn.

**Gemengekommissiounen**. Mir setze weiderhin op dynamesch Kommissiounen, déi eist Duerf thematesch beräicheren an eise Bierger flott Veranstaltungen ubidden. Bei allem wat mir maache wëlle mir regelméisseg Avise vun de zoustännege Kommissioune froen. Och an Zukunft leeë mir ganz vill Wäert op eis Zesummenaarbecht mat de Gemengekommissiounen a maachen elo schonn den Opruff un all d'Bierger, fir sech an enger oder méi Kommissiounen ze engagéieren, esoubal se no de Walen nei besat ginn.

## *c. Transparence*

***Séances publiques du Conseil communal**. Les rapports complets des séances publiques du Conseil communal sont systématiquement publiés sur notre site internet, tout comme dans le « Martiaco ». Leur rédaction et délai de publication doivent toutefois être optimisés en collaboration avec le personnel communal.*

***Séances de travail**. Désirant être le plus transparent possible, le Collège échevinal a entamé l'organisation régulière de séances de travail avec le Conseil communal. Y sont débattus en détail les projets à venir et les réformes nécessaires avec l'objectif d'aboutir au meilleur compromis possible en faveur du bien commun, notamment dans les dossiers les plus complexes. Ainsi, le Conseil communal a travaillé d'une manière constructive pour l'intérêt général sans perdre du temps pour préparer les dossiers importants.*

***Accès en ligne aux documents**. En accord avec la législation sur la protection des données, les documents administratifs (qui ne sont pas soumis à la protection des données) sont mis sans restrictions à la disposition des citoyens sur mertzig.lu et cette offre ne cesse de croître.*

## *d. Participation*

***Participation des citoyens**. En tant que Commune membre du groupe d'action LEADER Wëlle Westen (LEADER – « Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale » – une initiative de l'Union européenne), Mertzig met depuis longtemps l'accent sur la participation citoyenne. Depuis 2017, nous avons accentué celle-ci en vue de développer ensemble notre Commune dans le cadre de projets participatifs. Cela a notamment été le cas dans le cadre du projet LEADER #mertzig4all où des groupes de travail réguliers ont été organisés en 2019 et 2020 afin d'impliquer les citoyens, les entreprises, les associations, les commissions et le personnel communal. Leurs idées et leurs contributions ont été intégrées dans le premier rapport du Bien commun publié en 2020.*

***Gedankekëscht®**. Avec le soutien financier du Ministère de l'Intégration, nous avons lancé, en novembre et décembre 2022, le projet participatif Gedankekëscht® - Ancienne École. Ce processus a abouti sur un protocole d'idées complet qui documente ce projet de participation citoyenne et dont la mise en œuvre est en cours de réalisation. L'Ancienne École est sur le point de devenir une maison des citoyens et des associations, ou « Maison du Bien commun ».*

***HOPLR**. Nous avons introduit le réseau Hoplr pour notre Commune – une application et un site web visant à renforcer les liens de voisinage et le vivre-ensemble dans notre société. Chaque personne habitant à Mertzig peut s'y inscrire et entrer facilement en contact avec ses voisins, par exemple pour s'aider mutuellement ou pour proposer son soutien. Les premiers résultats de son utilisation sont prometteurs. Dans un avenir proche, nous aimerions continuer à développer l'application pour prévoir une fonction de sondage, permettant à la Commune de demander l'avis des résidents sur les sujets les plus divers. Ceci nous permettrait d'impliquer davantage les citoyens dans notre travail politique.*

***Vibrer local**. Le site web vibrerlocal.com est aussi une plateforme participative que nous avons présentée aux associations et aux commissions. Celle-ci permet notamment l'organisation d'activités communes. Nous entendons en accroître l'usage surtout dans le cadre du travail des commissions consultatives.*

***Budget participatif**. Nous analysons la possibilité d'introduire un « budget participatif ». Il s'agit d'un instrument permettant aux citoyens de soumettre un projet au Collège échevinal qui est ensuite évalué, chiffré, et peut finir par intégrer le budget communal à l'issue des débats budgétaires pour finalement être mis en œuvre.*

***Commissions consultatives**. Nous continuons de miser sur des commissions dynamiques qui enrichissent notre Commune thématiquement et proposent de belles activités à nos citoyens. Pour tous nos projets, nous voulons demander régulièrement l'avis des commissions compétentes. Nous lançons d'ores et déjà l'appel de s'engager dans une commission consultative dès que celles-ci auront été nouvellement formées à l'issue des élections communales.*






# 2. SCHOUL, KANNERBETREIUNG A JUGEND

## a. Een optimale Kader schafen

**Zesummenaarbecht mat de Schoulpartner**. Déi obligatoresch Gremien ronderëm d'Schoul an d'Educatioun hu mir nees aktivéiert. Am respektvollen Ëmgang an duerch den exemplareschen Engagement vun all den Acteuren hunn d'Schoulpartner, d.h. d'Léierpersonal, d'Educateuren, d'Schoulkommissioun an d'Elterevertrieder ënnert dem Impuls vum Schoulcomité an de Gemengeverantwortlechen erëm e positiivt Aarbechtsklima opgebaut, ganz am Interêt vun de Mäerzeger Kanner. D'Resultat ass de gemeinsame Projet: de Bau vum Projet intégré „Schoul & Maison Relais" mat engem pedagogeschen Konzept wou sech déi komplett Planung an Architektur ronderëm d'Wuel vum Kand dréint. Eng Teamaarbecht wéi se am Buch steet a wou all d'Acteuren een immense Luef verdéngt hunn.

**D'Mäerzeger Schoul kannergerecht gestalten**. De Projet intégré „Schoul & Maison Relais" ass de gréissten Investissement an der Geschicht vun der Gemeng Mäerzeg. Et ass déi Plaz wou d'Kanner de Bagage fir d'Zukunft kréien. Mir schafen eng kannergerecht schoulesch Infrastruktur fir ee méi motivéierend, gesond an altersgerecht Ëmfeld ze bidden. D'Qualitéit an d'Funktionalitéit vun den Infrastrukturen stinn dobäi am Fokus.

**Héichwäerteg Container als Iwwergangsléisung**. Mir si nei Weeër gaang fir der rasanter demografescher Entwécklung vun der Gemeng Rechnung ze droen an eis Loft ze ginn, fir déi nei Schoul a Maison Relais ze plangen. A kuerzer Zäit sinn 2018 qualitativ héichwäerteg Container opgeriicht ginn fir dass d'Schoul genuch Klassesäll hat a fir dass de legalen Agrément vun der Maison Relais gehéicht konnt ginn. Ab der Rentrée 2026 kann d'Gemeng déi zwee Containerbléck am Prinzip och zréck aus der Lokatioun ginn wat sech immens positiv op den ordinäre Budget wäert auswierken.

**D'Schoul op engem Site**. Et war de Wonsch vun all de Schoulpartner fir all d'Schoulklassen op engem Site ze regruppéieren. Fir dësem Wonsch nozekommen hu mir de Container wou d'Gemengeverwaltung vun 2020 bis 2022 installéiert ginn ass esou konzipéiert, dass dono 5 Klassesäll kéinten amenagéiert ginn fir dass de Cycle 4 dann aus der „Aler Schoul" bei der Kierch op de Schoulsite mat der Maison Relais kéint plënneren. No der Fäerdegstellung vun der neier Gemeng ass de Cycle 4 dunn am Januar 2023 riwwergeplënnert, nodeems d'Bürosraim als Klassesäll ëmgestalt gi sinn. Dëst erlaabt der ganzer Schoulcommunautéit elo e bessert Zesummeschaffen, och am Hibléck op de „Projet intégré" wou déi 1. Phas fir d'Rentrée 2026 ofgeschloss ka ginn, wann de Chantier no Plang verleeft.

**3D-Maquette vum Masterplang**. Eng digital 3D-Maquette vum neie Schoulsite ass online a gëtt een Abléck an déi verschidde Phasen vun der Entwécklung déi nächst Joren. Deelweis erlaabt d'Maquette och bis an d'Gebaier era kucke ze goen. De Schoulpartner hu mir dës Maquette rezent presentéiert. Den offizielle Grondsteen vun der neier Schoul gëtt um Dag vum Schoulfest den 12. Juli 2023 geluecht, a Presenz vum zoustännege Minister a natierlech de Mäerzeger Schoulkanner.

**Séchere Schoulwee**. Bei der Ausschaffung vum „Séchere Schoulwee" huet 2019 eng Ëmfro bei de Schoulkanner an den Elteren erginn, dass d'Sécherheet an de Stroossen net garantéiert ass. Déi heefegst Aussoen waren, dass ze séier gefuer gëtt an dass d'Automobiliste d'Prioritéit vun de Foussgänger






# 2. ÉCOLE, STRUCTURES D'ACCUEIL POUR ENFANTS ET JEUNESSE

## a. Créer un cadre optimal

*__Coopération avec les partenaires scolaires__. Nous avons remis en place les organes obligatoires relatifs à l'École et à l'enseignement. Dans une attitude de respect et grâce à l'engagement exemplaire de tous les acteurs, les partenaires scolaires – c'est à dire le personnel enseignant, les éducateurs, la commission scolaire, les représentants des parents – ont, sous l'impulsion du comité d'école et des responsables communaux, réinstauré un climat de travail positif, ceci dans l'intérêt des enfants de Mertzig. Ces efforts ont culminé dans un projet commun : la construction du projet intégré « École & Maison Relais » comprenant un concept pédagogique selon lequel la planification et l'architecture gravitent autour du bien-être de l'enfant. Un travail d'équipe exceptionnel pour lequel tous les acteurs impliqués méritent notre reconnaissance.*

*__Adapter l'École de Mertzig aux besoins des enfants__. Le projet intégré « École & Maison Relais » est le plus grand investissement dans l'histoire de la Commune de Mertzig. C'est l'endroit où les enfants obtiennent leur bagage pour l'avenir. Nous concevons une infrastructure scolaire adaptée aux besoins des enfants en vue d'un environnement plus motivant, plus sain et plus adapté à leur âge respectif. Un accent particulier est mis sur la qualité et la fonctionnalité des infrastructures.*



*__Des conteneurs de haute qualité en tant que mesure de transition__. Nous avons emprunté une nouvelle voie pour faire face à l'immense croissance démographique de notre Commune et afin de nous donner une marge de manœuvre dans la planification de la nouvelle École et Maison Relais. En peu de temps, des conteneurs de haute qualité ont été installés en 2018, permettant à l'École d'avoir suffisamment de salles de classe et à la Maison Relais de revoir à la hausse son agrément légal. Dès la rentrée scolaire de 2026 – une fois la construction du nouveau bâtiment achevée et si le chantier se déroule selon le plan – les conteneurs loués ne seront en principe plus nécessaires, ce qui aura un effet positif considérable sur le budget ordinaire de notre Commune.*

*__Un site unique pour l'École__. L'ensemble des partenaires scolaires désirait regrouper toutes les classes sur un seul site scolaire. Pour répondre à cette requête, nous avons conçu le container dans lequel l'Administration communale s'était installée provisoirement entre 2020 et 2022, de façon à ce que 5 salles de classe pourraient y être aménagées. C'est ce qui a in fine – après que l'Administration communale s'est installée dans la Maison*




net respektéieren. Mir hunn doropshin misste reagéieren a verschidde baulech wéi punktuell Mesuren ëmgesat. Fir d'Haaptstrooss zu de Spëtzestonnen ze entlaaschten, hu mir am Kader vun der Neigestaltung vum Parking hannert der Gemeng de Beräich „Kiss & Go" geschaf. Sëlleg Pictogrammen a Beschëlderungen sinn dobäi komm fir de Schoulwee sou sécher wéi méiglech ze gestalten. An awer bleift nach vill ze verbesseren a mir wäerten nach verschidde Moossnamen mussen ënnerhuelen, an Ofsprooch mat e.a. den Elterevertrieder, déi mir rezent an der Schoulkommissioun gehéiert hunn.

**Verkéiersparcours**. Am Kader vun de Renovatiounsaarbechten an der „Aler Schoul" gëtt den Haff vum Gebai ganz kuerzfristeg nei macadamiséiert fir dann iwwert Marquage e Verkéiersparcours ze realiséieren. Do kënnen d'Kanner sech mam Dräirad, Go-Kaart, Trotinette oder Vëlo optimal op de Code de la route a Stroosseverkéier preparéieren.

**Viraussetzunge fir digitalen Enseignement geschaf**. Mir wëlle weiderhin dat beschtméiglecht Léierëmfeld fir d'Schoulkanner ubidden. Dozou gehéieren eng modern Ausstattung a genuch Informatikmaterial fir d'Schüler op d'Erausfuerderungen vun der haiteger Zäit virzebereeden. Fir d'Ziler ze erreechen sinn d'Budgeten an de leschte Joren ëmmer nees ugepasst ginn, an enker Zesummen-




aarbecht mam Schoulpersonal. Och an de nächste Joren soll beim Schoulbudget net gespuert ginn.

**Zesummenaarbecht tëscht Schoul, Maison Relais, Crèche, Internat, Museksschoul a Veräiner weider fërderen**. Wann d'Betreiung vun engem Kand a méi Hänn läit, ass eng koherent Zesummenaarbecht tëscht all den Acteure vu grousser Wichtegkeet. D'Aarbecht mat de Kanner soll permanent openeen ofgestëmmt sinn. Dofir hunn d'Schoulpartner sech zesumme mat der Gemeng fir de „Projet intégré" entscheet mam pedagogesche Konzept „Lernlandschaft". Dëse Modell wäert eis och an Zukunft erlaben fir d'Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an der Maison Relais mam Internat, de Mäerzeger Veräiner konsequent ze verbesseren, virun allem och elo mam gratis Museksenseignement.

**Museksenseignement**. D'Mäerzeger Gemeng ass sougutt mat der UGDA wéi mam Conservatoire du Nord konventionnéiert. Zënter dem leschte Schouljoer ass de Museksenseignement zu Lëtzebuerg gratis. Esou kritt all Kand Zougang zu de Musekscoursen wou mir weiderhin alles drusetzen fir déi beschtméiglech Infrastrukturen unzebidden fir dass och eis Fanfare a Jugendmusek sech optimal ka weiderentwéckelen. Zousätzlech an dringend noutwendeg Säll fir eis lokal Museksschoul entstinn elo och an der „Aler Schoul".

**Mini-Mäerzeg**. Mir wëllen och an Zukunft gemeinsam Initiative vum Léierpersonal, dem Betreiungspersonal an de Kanner ënnerstëtzen, z.B. bei der Gestaltung an Ëmgestaltung vu Schoul- a Fräizäitinfrastrukturen. De Mini-Mäerzeg an d'Vakanzenaktivitéiten sollen esou weider ausgebaut ginn fir all de Kanner déi bescht non-formal Bildung kënnen unzebidden.

**Ëffnungszäiten vun der Maison Relais an der kommunaler Crèche**. Mir hunn, an Ofsprooch mam zoustännege Personal, d'Ëffnungszäiten vun der Maison Relais an der kommunaler Crèche optimiséiert fir der Demande vun Elteren déi z.B. op Schichte schaffen, nozekommen. An Zukunft verschléisse mir eis do net virun weideren noutwendegen Adaptatiounen.

**Mir iesse gesond, bio a regional**. Et ass eis besonnesch wichteg, dass d'Kanner aus der Crèche an der Maison Relais vun enger gesonder an nohalteger Ernärung profitéiere kënnen. Et gouf rezent decidéiert nach ee Schrëtt weider ze goen an d'Lat, grad beim Akaf vun de Bio Liewensmëttel am Schoulrestaurant, bei der Ëmsetzung vum Projet „Natur genéissen" vum SICONA nach méi héich ze setzen. Esou ass d'Iddi fir de Projet BIOMAX entstan deen de Gemengerot eestëmmeg gestëmmt huet. Zil vum Projet ass et de Kanner esouvill wéi méiglech biologesch, regional a virun allem saisonal Liewensmëttel unzebidden. Am normale Schoulbetrib leeë mir donieft och weiderhin vill Wäert op reegelméisseg Aktioune wéi „Schoulmëllech" a „Schouluebst" déi eng wichteg ernärungserzéieresch Roll fir d'Kanner erfëllen.

**Nachhaltigkeit macht Schule**. Mir hunn de Programm „Nachhaltigkeit macht Schule" als parascolaire Aktivitéit an der Schoul agefouert. Et si Workshops an eng Sensibiliséierungskampagne, déi vun Energieberoder a Grondschoule mat vill Erfolleg ugebuede ginn. Dës Kampagne huet e groussen Impakt op d'Gesellschaft, well d'Kanner di beschten

*communale réaménagée – permis au Cycle 4 de quitter l'Ancienne École pour venir s'installer dans le container situé sur le site scolaire à proximité de la Maison Relais. Le fait d'avoir regroupé l'École sur un seul site permet à la communauté scolaire une meilleure coopération, en vue notamment du projet intégré dont la première phase peut être menée à bien pour la rentrée scolaire 2026 – pourvu que le chantier avance selon le plan.*

***Maquette 3D du Master-plan**. Une maquette digitale 3D des infrastructures scolaires et sportives planifiées peut être visualisée sur mertzig.lu. Elle permet d'avoir un aperçu des différentes phases de développement à venir et de jeter un coup d'œil à l'intérieur des bâtiments. Celle-ci a d'ailleurs récemment été présentée aux partenaires scolaires. La pose officielle de la première pierre de la nouvelle École aura lieu le 12 juillet 2023 en marge de la fête scolaire, en présence du Ministre compétent et, surtout, des écoliers.*

***Un trajet scolaire sûr**. Dans le cadre de l'élaboration du « chemin d'école sûr » en 2019, un sondage auprès des enfants et de leurs parents a révélé que la sécurité n'était pas garantie sur nos routes. Ils pointaient du doigt la vitesse trop élevée et le non-respect de la priorité des piétons. Face à cette situation alarmante, nous avons été obligés de réagir en mettant en place des mesures générales et ponctuelles. Pour soulager la rue Principale pendant les heures de pointe, nous avons créé un espace « Kiss & Go » dans le cadre du réaménagement du parking derrière la Maison communale. Nous avons en outre mis en place de nombreux pictogrammes et signalisations afin de rendre le trajet scolaire aussi sûr que possible. D'autres progrès peuvent encore être réalisés par certaines mesures supplémentaires, en concertation avec les représentants des parents d'élèves qui nous ont fait part de leurs revendications dans le cadre d'une réunion récente de la Commission scolaire.*

***Nouveau parcours de circulation**. Dans la foulée des travaux de rénovation de l'Ancienne École, la cour obtient un nouveau macadam sur lequel un marquage retraçant un parcours de circulation est réalisé. Les enfants pourront s'y préparer – à vélo, en trottinette, en Go-kart ou sur leur tricycle – aux règles du Code de la route et à la circulation routière.*

***Enseignement digital**. Nous désirons continuer de permettre à nos enfants d'être éduqués dans les meilleures conditions possibles. Un équipement scolaire moderne, notamment en matériel informatique, doit permettre aux élèves d'être préparés aux défis contemporains. Pour atteindre ces objectifs, les budgets ont régulièrement été adaptés au cours des dernières années, en coopération étroite avec le personnel enseignant. Dans les années à venir, le budget scolaire ne devra pas faire l'objet d'économies.*

***Promouvoir la coopération entre École, Maison Relais, Crèche, Internat, École de musique et Associations**. Si l'encadrement d'un enfant réside dans les mains de plusieurs acteurs, il est primordial que ceux-ci coopèrent d'une manière cohérente. Le travail pour les enfants doit sans cesse être harmonisé. Afin de garantir une bonne coordination entre les acteurs, nous devons renforcer la coopération entre ceux-ci, en jouant un rôle d'intermédiaire. C'est pourquoi les partenaires scolaires ont opté pour l'adoption du concept pédagogique et architectural « Lernlandschaft ». Ce modèle nous permettra à l'avenir d'améliorer considérablement la coopération entre l'École, la Maison Relais, l'Internat et les associations, au vu surtout de la gratuité de l'enseignement musical.*

***Enseignement musical**. La Commune de Mertzig est conventionnée aussi bien avec l'UGDA qu'avec le Conservatoire du Nord. Depuis la dernière année scolaire, l'enseignement musical est gratuit au Luxembourg. Ceci permet à tous les enfants d'avoir accès aux cours de musique. Nous allons continuer à faire un maximum pour garantir les meilleures infrastructures possibles, permettant à notre Fanfare et à notre Ensemble des Jeunes de s'épanouir. Les salles supplémentaires nécessaires pour l'École de musique locale vont également voir le jour dans l'Ancienne École.*





Ambassadeuren a Multiplikateure sinn am aktive Klimaschutz. Si sinn déi Erwuesse vu muer.

**„Jonk begéint Al“**. Fir Brécken tëscht de Generatiounen ze bauen, wëlle mir d'Bildungsstrukturen an d'Veräiner alleguer weider encouragéiere fir gemeinsam Aktivitéite mat den eelere Matbierger z'organiséieren, e.a. och an Zesummenaarbecht mam Club Senior Nordstad deen elo ganz nei „Nordstad Aktiv+“ heescht. Och do kann a soll d'Gemeng sou wéi déi intergenerationell Kommissioun eng Vermëttlerroll iwwerhuelen. Dat neit Bierger- a Veräinshaus an der „Aler Schoul“ bitt an Zukunft och en optimale Kader fir dës Aktivitéiten.

**Nei Sportshal**. Ganz am Sënn vum opgestallte Masterplang gëtt et d'Aufgab vum neie Gemengerot, an enker Zesummenaarbecht mat de Schoulpartner an de Veräiner, déi nei Sportshal ze plangen. Am Kader vun der PAG-Refonte ass den Terrain hannert den aktuelle Container klasséiert ginn fir dëse Projet do kënnen ëmzesetzen. D'Dimensiounen vun der neier Hal erlaben nei Sportaarte wéi Handball a Basketball unzebidden an den Terrain kéint dann och an dräi onofhängeg Beräicher agedeelt ginn fir dass méi Veräiner gläichzäiteg d'Hal kënne benotzen. Eng Kloterwand wéi och aner funktionell Raim a Stockage-Méiglechkeete fléissen an d'Planung eran.

**Neie Bréckeniwwergaang**. An de Masterplang opgeholl ass och en neie Bréckeniwwergaang fir déi aktuell kleng Strooss tëscht de Fussballterraine bei der neier Buvette an de Vestiairen iwwert d'Baach weiderzezéie bis bei déi nei Sportshal. Aus architektonescher Siicht a fir PAG-konform ze sinn gëtt dës nei wichteg Investitioun och sou wäit wéi méiglech ënnerierdesch gebaut fir d'Héicht vum Gebai sou déif wéi méiglech ze halen.

**Naturnoe Schoulhaff**. Am Kader vum Masterplang um Site ronderëm d'Schoulinfrastrukture setze mir eis an fir ee villfältegen, inklusiven a faarwege Schoulhaff an der Natur. Mir wëllen, an Zesummenaarbecht mat de Kanner a Schoulpartner, en ofwiesslungsräiche Schoulhaff schafe wou d'Kanner sech an de Pausen an ausserhalb vun der Schoul kënne fräi entfalen.

**Multifunktionellen Terrain**. Am Kader vum neie Schoulhaff ronderëm déi nei Sportshal analyséiere mir d'Méiglechkeet e multifunktionellen Terrain ze plangen fir dass d'Schoulkanner, awer och d'Veräiner eng weider Infrastruktur kréien fir hir Aktivitéiten fir Jonk an Al beschtméiglech ze gestalten. Et wäert och analyséiert ginn ob dësen Terrain um Daach vun der neier Sportshal seng Plaz kéint fannen.

**Schoulhoraire**. Mir mussen och um lokale Plang mat de Schoulpartner Iwwerleeunge weiderféieren iwwert eng zäitgeméiss Schoulorganisatioun, virun allem och am Kader vum „Projet intégré“. An dësem Kontext sollte mir ons, wéi déi lescht Joer schonn, an enger ganzheetlecher Approche, mam Dagesoflaf vum Kand befaassen an ons d'Fro stellen, ob d'Schoulzäiten de Bedürfnisser vun de Kanner nach ugepasst sinn. Den Aarbechtsgrupp féiert seng Aarbechten zu dësem Sujet weider a mir bleiwen am Echange mam Educatiounsminister a mam Ombudsmann fir d'Rechter vum Kand, mam Zil en optimiséierten Horaire fir d'Schoul an d'Maison Relais fir Rentrée 2026 kënnen anzeféieren.



***Mini-Mertzig**. Nous tenons à soutenir les initiatives communes du personnel enseignant, du personnel d'encadrement et des enfants, par exemple en ce qui concerne la conception et la transformation des infrastructures scolaires et de loisir. Nous soutenons le développement ultérieur du Mini-Mertzig et des activités de vacances, permettant d'offrir aux enfants la meilleure éducation non-formelle possible.*

***Heures d'ouverture de la Maison Relais et de la Crèche communale**. Avec le personnel de la Maison Relais et de la Crèche, nous avons optimisé les heures d'ouverture pour répondre au mieux aux besoins des parents ayant des horaires de travail variés. Des adaptations ultérieures peuvent toutefois encore être effectuées à l'avenir.*

***Une alimentation saine, bio et régionale**. Il nous tient particulièrement à cœur que les enfants de la Crèche et de la Maison Relais puissent profiter d'une alimentation saine et soutenable. Nous avons récemment décidé de faire un grand effort en ce qui concerne l'achat de produits alimentaires Bio pour le restaurant scolaire dans la mise en œuvre du projet « Natur genéissen » du SICONA. C'est ainsi qu'est né le projet BIOMAX unanimement approuvé par le Conseil communal. Il s'agit de proposer aux enfants un maximum de produits alimentaires bio, régionaux et saisonniers. Il est également important de maintenir les actions régulières d'éducation alimentaire, telles que « Lait ou Fruits à l'École ».*

***Programme « La durabilité fait école »**. Nous avons introduit le programme « La durabilité fait école » en tant qu'activité parascolaire dans notre École. Il s'agit de workshops et d'une campagne de sensibilisation offerts avec succès dans les écoles fondamentales par des conseillers en énergie. Cette campagne a un grand impact sur notre société, sachant que les enfants sont les meilleurs ambassadeurs et multiplicateurs en matière de protection du climat puisqu'ils sont les adultes de demain.*

***« Les jeunes à la rencontre des plus âgés »**. Pour construire des ponts entre les diverses générations, nous voulons continuer d'encourager les structures éducatives à organiser des activités communes entre jeunes et personnes plus âgées, entre autres en coopération avec le Club Senior Nordstad – récemment rebaptisé « Nordstad Aktiv+ ». La Commune, tout comme la Commission intergénérationnelle, peuvent y jouer un rôle d'intermédiaires. La nouvelle Maison des citoyens et des associations dans l'Ancienne École offrira dans un avenir proche un cadre optimal pour ces activités.*

***Nouveau hall sportif**. Conformément au Master-plan que nous avons élaboré, il reviendra au futur Conseil communal de planifier le nouveau hall sportif en collaboration avec les partenaires scolaires et les associations. Dans le cadre de la refonte du PAG, le terrain situé derrière les containers a été classé d'une manière telle que ce projet puisse y être réalisé. Les dimensions du nouveau hall sportif permettent d'attirer de nouvelles disciplines sportives telles que le handball ou le basketball. En outre, cela permettrait de subdiviser le terrain en trois secteurs indépendants afin que plusieurs clubs puissent utiliser le hall en parallèle. S'y ajouteraient un mur d'escalade, des salles de fonction et des espaces de stockage.*

***Nouveau pont**. Le Master-plan prévoit en outre la construction d'un nouveau pont reliant la petite route située entre les deux terrains de football au nouveau site du hall sportif. D'un point de vue architectural et en conformité avec le PAG, cette nouvelle construction doit être placée autant que possible sous le sol, minimisant ainsi la hauteur du bâtiment.*

***Une aire de récréation proche de la nature**. Dans de notre plan de développement du site des infrastructures scolaires, nous désirons créer, avec la coopération des enfants et des partenaires scolaires, une aire de récréation colorée, inclusive, variée et imprégnée de nature où les enfants pourront s'épanouir pendant les pauses et pendant leur temps extrascolaire.*

***Un terrain multifonctionnel**. Dans le cadre de la nouvelle aire de récréation qui sera située près du nouveau hall sportif, nous analysons la possibilité de planifier un terrain multifonctionnel permettant aux écoliers et aux associations de disposer d'une infrastructure supplémentaire pour la réalisation de leurs activités. Nous allons évaluer la possibilité d'installer ce terrain sur le toit du nouveau hall sportif.*

***Horaire scolaire**. Au niveau local, nous devons également mener des réflexions, avec les partenaires scolaires, sur la manière de moderniser l'organisation scolaire, surtout dans le cadre du projet intégré. Dans ce contexte, nous devrions – dans une approche holistique – continuer d'analyser le déroulement des journées des enfants et pour pondérer les horaires scolaires par rapport à leurs besoins. Le groupe de travail qui en a la mission va poursuivre ses réflexions sur l'horaire en maintenant un échange régulier avec le Ministre de l'Éducation et l'Ombudsman pour enfants et jeunes. L'objectif est de mettre en place un horaire optimisé pour l'École et la Maison Relais pour la rentrée scolaire dès septembre 2026.*






## b. D'Mäerzeger Jugend

**Neie Jugendtreff**. Am Kader vun der inklusiver Renovatioun vum Gemengenhaus hu mir an enkem Kontakt mam Club des jeunes fir d'éischt als Provisorium e neie Clubsall an der Industriezon gelount. Dëse Kontrakt ass elo ausgelaf an zesumme mat de Verantwortleche vum Veräin hu mir am Kader vum Projet Gedankekëscht® fir déi „Al Schoul" zesumme no optimale Bedingungen gesicht fir d'Clubliewen. D'Conclusioun war dass d'Raimlechkeeten ënnert dem Daach vun der „Aler Schoul" am Duerfkär perfekt sinn. Aktuell sinn d'Renovatiounsaarbechten am gaang an dësen Hierscht/Wanter soll dëst „Haus fir jiddereen" seng Dieren opmaachen.

**Aktiv an engagéiert fir eis Jugend**. An Zesummenaarbecht mat de Partner vun der Gemeng am Jugendberäich - Nordstadjugend Asbl, Jugendtreff Réiden, Youth and Work - wëlle mir de Jonken am Kader vum neien Bierger- a Veräinshaus an der „Aler Schoul" besser ënnert d'Aarm gräifen fir Aktivitéiten a Workshops zu den ënnerschiddlechsten Themen ubidden. Esou schafe mir Synergien mat dëse Partner an ënnerstëtzen déi Jonk konkret.

**Kannerfoyeren**. D'Fondatiounen SOS Kannerduerf a Kannerschlass hunn zu Mäerzeg Haiser kaaft a schafe kleng Foyeren wou Kanner a Jugendlecher den optimalen Encadrement kréien. Dës Fondatiounen kënnen eiser Gemeng duerch hir Aktivitéiten an hire Knowhow hëllefen a bedeelegen sech och an de Veräiner an am „Haus fir jiddereen".

**Subside d'encadrement**. Eis Sport- a Kulturveräiner spillen eng immens wichteg Roll am Beräich vu Kanner- a Jugendbetreiung. Am Kader vun der Subsidiereform hu mir dofir e.a. e „Subside d'encadrement" geschaf wou d'Veräiner eng zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung kréien am Beräich vum Betreiungspersonal wat d'Jugendaarbecht zousätzlech fërdert.

**Neien Ulaaf fir e „Kanner- a Jugendgemengerot"**. Mir wëllen dass d'Kanner an d'Jugend sou wäit wéi méiglech an Decisiounsprozesser, déi si direkt uginn, mat agebonn ginn. Eng Delegatioun vun der Jugend, ee sougenannte „Kanner- a Jugendgemengerot" soll dofir reegelméisseg dem Schäffen- a Gemengerot iwwert eventuell Problemer a Wënsch rapportéieren. D'Iddien an d'Virschléi ginn an engem Kanner- a Jugendkommunalplang festgehal fir kuerz- a mëttelfristeg ëmgesat ze ginn.

**Finanziell Ënnerstëtzung vun der Late Night Bus Norden Asbl**. Mir ënnerstëtze weider d'Late Night Bus Norden Asbl déi virbildlech de sécheren Transport vun de Jugendlechen op verschidden Evenementer duerch de ganzen Norden koordinéiert.



## *b. La jeunesse de Mertzig*

***Nouveaux locaux****. Dans le cadre de la rénovation inclusive de la Maison communale, nous avons convenu avec le Club des jeunes la location provisoire d'une nouvelle salle de club dans la zone industrielle. Ce contrat est à présent arrivé à terme et, avec les responsables de l'association, nous avons examiné l'opportunité d'un déménagement dans l'Ancienne École, dans le cadre du projet de transformation de celle-ci. Conclusion : les locaux situés sous le toit s'y prêtent à merveille. La « Maison pour tous » va ouvrir ses portes cet automne/hiver.*

***Actifs et engagés pour notre jeunesse****. En coopération avec les partenaires de la Commune dans le domaine de la jeunesse – à savoir la Nordstad-jugend asbl, le Jugendtreff Réiden et Youth and Work – nous aimerions profiter de l'Ancienne École pour soutenir les jeunes en organisant des activités et workshops sur les sujets les plus divers. Nous créons ainsi des synergies avec nos partenaires, permettant d'aider les jeunes concrètement.*

***Foyers pour enfants****. Les fondations « SOS Kannerduerf » et «Kannerschlass» ont acheté des maisons à Mertzig et sont sur le point de créer des petits foyers au sein desquels des enfants et des jeunes bénéficient d'un encadrement optimal. Grâce à leurs activités et à leur savoir-faire, ces fondations peuvent constituer un atout pour notre Commune, nos associations et notre « Maison pour tous ».*

***Subside d'encadrement****. Nos associations culturelles et sportives jouent un rôle extrêmement important en matière d'encadrement des enfants et des jeunes. Dans le cadre de notre réforme des subsides, nous avons notamment introduit un « subside d'encadrement » qui garantit aux associations un soutien supplémentaire pour financer le personnel d'encadrement des jeunes.*



***Nouvel élan pour un Conseil communal des enfants et des jeunes****. Nous désirons intégrer les enfants et les jeunes dans des processus décisionnels qui les concernent directement. Une délégation d'enfants et d'adolescents – dénommée « Conseil communal des enfants et des jeunes » – pourra présenter aux responsables politiques d'éventuels problèmes et revendications. Leurs idées et propositions seront intégrées dans un plan communal pour l'enfance et la jeunesse, afin d'être mises en œuvre à court et moyen terme.*

***Soutien financier de l'asbl « Late Night Bus Norden »****. Nous continuons à soutenir l'asbl Late Night Bus Norden qui coordonne d'une manière exemplaire le transport des jeunes vers différentes manifestations dans le nord du pays.*

# 3. ZU MÄERZEG LIEWEN, WUNNEN A SCHAFFEN

## a. Liewen a wunnen

**Nohalteg Entwécklung**. Am Kader vum LEADER Projet #mertzig4all, wou mir als éischt Gemeinwohlökonomie-Gemeng zu Lëtzebuerg zertifiéiert gi sinn (ecogood.org), hate mir participativ Biergerateliere organiséiert wou jiddereen seng Iddien a Pläng fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng konnt matdeelen: Verkéiersreegelung, Amenagement vun ëffentleche Plazen, Trëppel- a Vëlosweeër, Vernetzung mat de Nopeschgemengen, Schutz an Erhalt vu prägenden Infrastrukturen, Astandsetzung vu Stroossen, asw. All dës Inputs sinn an de Gemeinwohlökonomie-Rapport 2020 gefloss, dee fir d'Gemengeverantwortlech e wichtegt Instrument ass an der alldeeglecher Aarbecht. Bei allem wat mir maache sti Wäerter am Mëttelpunkt: Mënschewierd, Gläichbehandlung, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a Kohesioun, ökologesch Nohaltegkeet an demokratesch Matbestëmmung. Mir engagéieren eis weiderhin am Kader vun dëser Zertifikatioun fir eis an Zukunft permanent weiderzeentwéckelen.

**Refonte PAG**. Mir haten d'legal Verflichtung den neie Bebauungsplang (PAG) auszeschaffe wou och




e neit Bautereglement drunnhänkt. Dat war wierklech keen einfachen Exercice a mir si frou, dass no enger laanger Prozedur de PAG elo definitiv approuvéiert ass. Mir setzen eis an deem Kader an fir ee qualitative Wuesstem, deen net op wëller Immobiliëspekulatioun berout a wou eis Gemeng sech moderat weiderentwéckele kann. Den neie PAG ass och e liewegt Dokument wat a reegelméissegen Ofstänn iwwerpréift an ugepasst gëtt.

**Tiny houses**. An de leschte Joren huet d'Sich no nohaltege Liewensformen zum Opkomme vun engem Wunntyp gefouert, deen et bis elo zu Lëtzebuerg nach net gouf: d'„Tiny houses". Mir stellen awer och fest, dass d'Mobilhomer oder d'Chaleten op de Campinger duerch d'Land dësem Wunntyp scho ganz no kommen, mam Ënnerscheed, dass se als Weekends- oder Vakanzenhaisercher benotzt ginn, a net als Haaptwunnsëtz. Et ass dofir wichteg ze wëssen, dass d'„Tiny houses" eng Wunnform duerstellen, déi net op Grond vum Alter, dem Beruff, der Pai oder der Familljesituatioun vun hire Bewunner gesicht gëtt, mee a Funktioun vun hirem perséinleche Choix fir en alternative, minimalisteschen a nohaltege Liewensstil ze féieren, op klengstem Raum. D'Unerkenne vun dëse Liichtbauwunnéngen als legal Wunnform ass rezent vum Inneministère analyséiert ginn an de Gemengen si Règlements-type proposéiert ginn. Mir verschléissen eis net virun dëser neier, amovibeler a modulabeler Wunnform a kucken wéi an ob se an eise PAG an an d'Bautereglement integréiert ka ginn.

**Lokal Commercen, Restauranten, Caféen a Servicer**. Mir wëllen dës lokal Offer weiderhi sou wäit wéi méiglech ënnerstëtzen a freeën eis iwwer d'Ouverture vu verschidden Etablissementer am Laf vun eisem Mandat. Mäerzeg muss attraktiv bleiwe fir nei Commercen a Servicer unzezéien – besonnësch déi déi am Duerf nach feelen – wat dem Bierger erméiglecht, méi lokal ze konsuméieren do wou ee wunnt. Mir wëllen de Wonsch vu ville Mäerzeger ënnerstëtzen, e lokalen Treffpunkt mat engem Téi- a Kaffissalon an eiser Gemeng entstoen ze gesinn.

**Verkéierssécherheet**. Mir hu reagéiert a baulech wéi punktuell Mesure géint d'Gerenns an den 30er-Zone ëmgesat. Et ass eng kollektiv Responsabilitéit a mir bieden d'Chauffeure vun alle Gefierer d'Vitesslimitatiounen an de Stroossen ze respektéieren. D'Gemeng, a Kooperatioun mat der Police a Stroossebauverwaltung, optimiséiert d'Stroossennetz weider am Kader vun de Reamenagementer, wéi och an den An- an Ausgäng vun der Gemeng. Sëlleg Pictogramme goufen op d'Stroosse gemaach an d'Beschëlderungen aktualiséiert. Dës Aarbechte gi virun a mir verschléissen eis net viru Verbesserungsvirschléi oder Adaptatiounen, wëssend dass mir am Alldag feststelle, dass et déi perfekt Léisunge wuel net ginn.

**Trottoir bis bei d'Tankstell**. An Zesummenaarbecht mat „Ponts & Chaussées" ass de geféierleche Foussgängerwee laanscht d'Haaptstrooss duerch e méi sécheren Trottoir ersat ginn. Dësen Trottoir ass drop an drun PMR-gerecht (PMR steet fir „Personnes à mobilité réduite") gemaach ze ginn. Dëst ass en éischte Schratt. D'Gemeng plangt aktuell, a Récksprooch mat den Entreprisen, um Reamenagement an der Modernisatioun vun der Industriezon. D'Zil ass de Verkéiersflux an d'Sécherheet ze verbesseren.

***Journées associatives***. *Les associations jouent un rôle extrêmement important pour notre vie villageoise. Des journées associatives peuvent permettre aux nouveaux habitants de la Commune de s'intégrer parfaitement dans la vie associative de Mertzig.*

***Subside d'engagement***. *Dans le cadre de notre réforme des subsides octroyés aux associations locales, nous avons introduit, à côté du subside de base et du subside d'encadrement, un subside d'engagement. Celui-ci doit permettre de récompenser d'un surplus financier les associations qui font un grand travail notamment en matière d'intégration et d'inclusion.*

***Unis dans la diversité***. *Nous soutenons la Commission d'intégration de manière à pouvoir organiser des activités qui réunissent les communautés de nationalités différentes de la Commune.*

***L'année 2025***. *En 2025, les grands anniversaires déjà célébrés en 2000 – avec la publication du livre « Mäerzeg 2000 » – se répèteront. Nous célèbrerons le 175ème anniversaire de la Paroisse de Mertzig, le 150ème de notre Commune et de la Chorale, et le 125ème anniversaire de la Fanfare. Nous nous réjouissons déjà des festivités – un beau programme qui s'étendra sur toute l'année – dont l'organisation débutera cet hiver avec les associations, commissions et citoyens. La publication d'un nouveau livre ou film « Mertzig 2025 » serait le couronnement de ces festivités.*

## d. Une commune inclusive, juste et sociale

***Design for all: rénover et planifier les infrastructures communales d'une manière inclusive***. *Conformément à la législation en vigueur, les infrastructures communales doivent être accessibles sans barrière pour tout un chacun. C'est ce que nous sommes également en train de mettre en œuvre dans l'Ancienne École avec l'installation d'une rampe et d'un monte-escalier dans le rez-de-chaussée. Le bâtiment de l'« Ancienne Poste » doit quant à lui être équipé d'un ascenseur pour rendre la salle de répétition de la Fanfare au premier étage accessible pour tout un chacun et pour faciliter le transport d'instruments musicaux lourds, surtout la percussion. Les mêmes réflexions valent évidemment pour la nouvelle École, les trottoirs, et les revêtements de sol au niveau des passages piétons.*

***Le « Facile à lire »***. *En coopération avec l'asbl Op der Schock et l'APEMH – Handicap intellectuel Luxembourg – nous désirons continuer de nous engager pour l'intégration du « Facile à lire » partout où cela est possible. Cela a été concrètement mis en œuvre dans le cadre de la zone Natura 2000 dans la forêt « Säitert » tout comme pour le projet « Tiny forest » près de la résidence pour seniors.*

***Inclusion pour tout un chacun***. *Il est important que tous les habitants, y compris les enfants de l'Internat Sainte-Marie ou les habitants de la structure résidentielle de l'asbl Op der Schock, continuent*

gratiounskommissioun soll hei eng Vermëttlerroll iwwerhuelen. A Kooperatioun mam Kanton Réiden kéint dëse Service och regional ugebuede ginn.

**Veräinsdeeg**. D'Veräiner spillen déi wichtegst Roll fir d'Mäerzeger Duerfliewen. Mat Schnuppercoursen a reegelméissege Veräinsdeeg kënnen nei Awunner besser integréiert ginn.

**Subside d'engagement**. Am Kader vun der Subsidereform fir d'Veräiner hu mir, nieft dem Subside de base an dem Subside d'encadrement, ee Subside d'engagement agefouert. D'Gemeng kann esou d'Veräiner, déi eng grouss Aarbecht a punkto Integratioun an Inklusioun leeschten, mat enger zousätzlecher finanzieller Ënnerstëtzung belounen.

**A Villfalt gëeent**. Mir ginn der kommunaler Integratiounskommissioun déi néideg Mëttele fir Aktivitéiten z'organiséieren déi di verschidden Nationalitéiten am Duerf méi no an zesumme bréngen.

**D'Joer 2025**. Am Joer 2025 widderhuelen sech déi grouss ronn Gebuertsdeeg an eiser Gemeng, déi am Joer 2000 gefeiert goufen, mat der Consecratioun och vum eemolege Buch „Mäerzeg 2000". Mir feieren dann 175 Joer Porkierch, 150 Joer Gemeng, 150 Joer Chorale an 125 Joer Musek. Mir freeën eis op déi Festivitéite wou d'Organisatioun schonn de nächste Wanter mat all de Veräiner, Kommissiounen, Bierger a jidderengem an Ugrëff geholl gëtt fir iwwert d'ganzt Joer e schéine Programm opzestellen. D'Publikatioun vun engem neie Buch oder Film „Mäerzeg 2025" wier dann zum Schluss d'Kréinung vun de Festivitéiten.

## d. Inklusiv, sozial a gerecht

**Design for all: kommunal Infrastrukturen inklusiv renovéieren a plangen**. D'kommunal Infrastrukturen musse vum Gesetz aus ouni Barrière accessibel sinn fir jiddereen. D'Gemengenhaus hu mir schonn esou renovéiert. Dat selwecht geschitt elo an der „Aler Schoul", wou eng Ramp wéi och en Trapelift fir de Rez-de-Chaussée bestallt sinn. D'Postgebai soll mat engem Lift equipéiert gi fir de Proufsall vun der Musek um éischte Stack accessibel ze maachen fir jiddereen, a fir den Transport vu schwéieren Instrumenter, virun allem d'Perkussioun, ze vereinfachen. Déi selwecht Iwwerleeunge gëllen natierlech fir déi nei Schoul, d'Trottoiren an d'Buedembeleeg op den Zebrasträifen.

**Leichte Sprache**. An Zesummenaarbecht mat der Asbl Op der Schock an der APEMH – Handicap intellectuel Luxembourg – engagéiere mir eis weider fir d'„Leichte Sprache" do ze integréieren wou et méiglech ass. Konkret ëmgesat gouf dat schonn beim Naturschutzgebitt Natura 2000 am Bësch „Säitert", wéi och beim „Tiny Forest" am Duerfzentrum bei der Senioreresidenz.

**Zesumme fir eng inklusiv Gesellschaft**. Mir engagéieren eis weiderhin fir am Kader vun de Gemengenaktivitéiten a Projeten, d'Kanner aus dem Internat Sainte-Marie an d'Awunner vun der Wunnstruktur, déi vun der Asbl Op der Schock geréiert gëtt, anzebannen. Ganz nei dobäi kommen do an d'Zukunft d'Kanner aus de Fondatiounen SOS Kannerduerf a Kannerschlass, déi Strukturen zu Mäerzeg opmaachen.

**E méi inklusiven Internetsite**. Op eisem neien Internetsite hu mir verschidden Outile ëmgesat, fir dëse méi accessibel ze gestalten, zum Beispill d'Méiglechkeet, den Text ze vergréisseren, de Kontrast ze änneren, d'Linken ze ënnersträichen, asw.

**Egalitéit, Gläichberechtegung, Diversitéit**. D'Egalitéit, d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer an den tëschemënschleche Respekt leien eis um Häerz, ganz am Sënn vun eisem Leitmotiv #mertzig4all si mir eng Gemeng fir jiddereen. Mir hunn an deem Kontext d'Konventioun „MEGA plus" mam Ministère fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer ënnerschriwwen a sinn 2022 belount ginn mam „Prix de la meilleure pratique communale". Mir wëllen dës Engagementer an Zukunft ausbauen an e.a. déi europäesch Charta fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer op lokalem Plang ënnerschreiwen.

**Abordable Wunnraum schafen**. Am Kader vum Pacte logement 2.0, deen eis Gemeng mam Logementministère ënnerschriwwen huet, engagéiere mir eis fir de Bau vun abordable Wunnéngen. Zënter 2018 hu mir eis dofir agesat, och am Kader vun der Refonte PAG, dass d'Gemeng en Terrain zur Verfügung stellt fir esou e Projet. De Gemengerot huet e PAP ausgeschafft, wou d'Gemeng als Promoteur public 8 Wunnunitéiten baut. De nächste Gemengerot fixéiert nach d'Modalitéite vun der Vente.

**Fairtrade**. D'Gemeng Mäerzeg ass zënter 2019 eng offiziell Fairtrade Gemeng, wouduerch mir zu enger nohalteger Wirtschaft bäidroen, déi de Mënsch an d'Ëmwelt an Afrika, Asien a Latäinamerika respektéiert. Mir féieren dësen Engagement och an Zukunft gäere virun a freeën eis besonnësch ëmmer nees iwwert d'Fairtrade-Aktioune vun de Schoulkanner. Fir eisem Engagement méi Visibilitéit ze ginn hu mir mat lokale Kënschtler eng „Fairtrade-Wall" op der Façade vun der „Aler Schoul" realiséiert mam Portrait vum Aminata Temi, eng Kakao- a Schockelaproduzentin vun der Côte d'Ivoire.

**Mënscherechter**. Am selwechte Kontext huet de Gemengerot 2021 eng Deliberatioun ugeholl déi d'„Initiative pour un devoir de vigilance" ënnerstëtzt an déi sech asetzt, fir dass wéi an eenzelne Nopeschlänner och zu Lëtzebuerg e Liwwerkettegesetz adoptéiert gëtt, datt d'Entreprise verflicht, sech fir de Respekt vun de Mënscherechter an der ganzer Liwwerketten anzesetzen.

**Gemeinwohlökonomie (GWÖ)**. Bei allem wat mir maache sti Wäerter am Mëttelpunkt: Mënschewierd, Respekt, Gläichbehandlung, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a Kohäsioun, ökologesch Nohaltegkeet, demokratesch Matbestëmmung. Mir sinn

d'être intégrés dans les activités communales. S'y ajoutent à présent les enfants des fondations SOS Kannerduerf et Kannerschlass, qui sont sur le point d'ouvrir des structures à Mertzig.

**Un site internet plus inclusif**. Dans le cadre de l'élaboration de notre nouveau site internet, nous avons intégré des outils d'accessibilité tels que la possibilité d'agrandir le texte, de modifier le contraste, le niveau de gris, de souligner les liens, etc.

**Égalité des chances et diversité**. L'égalité des chances, notamment entre femmes et hommes, et le respect interhumain nous tiennent à cœur. Conformément à notre leitmotiv #mertzig4all, nous sommes une Commune pour tout un chacun. Dans ce contexte, nous avons signé la convention « MEGA plus » avec le Ministère de l'Égalité des chances et nous avons été récompensés en 2022 avec le « Prix de la meilleure pratique communale ». Nous comptons développer encore ces engagements à l'avenir, en souscrivant au niveau local à la Charte européenne pour l'égalité entre femmes et hommes.

**Créer des habitations abordables**. Dans le cadre du Pacte logement 2.0 que notre Commune a signé avec le Ministère du Logement, nous nous engageons pour la construction d'habitations abordables. Depuis 2018, nous nous sommes engagés, y compris avec la refonte du PAG, pour que la Commune mette un terrain à la disposition d'un tel projet. Le Conseil communal a élaboré un PAP où la Commune construit désormais huit unités en tant que promoteur public. Le prochain Conseil communal va en fixer les modalités de vente.

**Fairtrade**. Depuis 2019, la Commune de Mertzig est officiellement une Commune Fairtrade, apportant ainsi notre contribution pour une économie soutenable qui respecte les valeurs humaines et l'environnement en Afrique, en Asie et en Amérique latine. Nous comptons poursuivre cet engagement et nous nous réjouissons des actions Fairtrade des enfants. Pour donner plus de visibilité à notre engagement, nous avons réalisé, avec un artiste local, une « Fairtrade-Wall » sur le mur de l'Ancienne École. Y figure le portrait d'Aminata Temi, une productrice de cacao et de chocolat sur la Côte d'Ivoire.

**Droits de l'Homme**. Dans le même contexte, le Conseil communal a adopté en 2021 une délibération qui soutient « l'initiative pour un devoir de vigilance » et qui s'engage pour l'introduction au Luxembourg d'une loi sur la chaine d'approvisionnement poussant les entreprises à respecter les droits de l'Homme dans l'ensemble de la chaine d'approvisionnement.

**Économie pour le Bien commun**. Dans tout ce que nous faisons, les valeurs priment : dignité humaine, solidarité, durabilité écologique, cohésion sociale, participation citoyenne, transparence. Nous sommes fiers de notre certification en tant que 1ère commune de l'Économie pour le Bien commun du pays en 2020. Il s'agit d'examiner chaque pas politique conformément à ce modèle de valeurs, avec le pour et le contre, afin de parvenir aux meilleurs résultats possibles pour le Bien commun. Le projet a été retenu en tant que « best practice » par le Syvicol et a été publié dans le troisième manuel sur les droits de l'Homme à l'échelle locale adopté par le « Congrès des pouvoirs locaux et régionaux » du Conseil de l'Europe en 2022. Le prochain audit international de notre Commune est prévu pour 2024.

**Bicher-, Give- et Mediabox**. Les Bicher- et Givebox sont des exemples concrets de projets relatifs à l'Économie pour le Bien commun. On peut y déposer toutes sortes d'objets dont on n'a plus besoin et qui sont encore dans un bon état. Ceci permet d'étendre la durée de vie des objets, tout en soutenant les personnes à faibles revenus. Une nouvelle Media-Box permettant le dépôt de CDs, DVDs, Vinyles ou autres médias est en cours d'élaboration. Elle prendra la forme d'un Walkman avec écouteurs et sera installée près du Kiss & Go sur le nouveau parking.

**Office social Nordstad (OSNOS)**. Nous poursuivons notre engagement auprès de l'OSNOS et soutenons ainsi financièrement les familles les plus démunies, dans le respect de la loi. Nous allons en outre continuer de participer à des actions telles que le « Kannerwonschbam ».

**Initiatives pour l'emploi**. Nous avons renforcé notre coopération avec les initiatives pour l'emploi « Centre d'initiative et de Gestion Régional » (CIGR) Nordstad et « Forum pour l'emploi » (FPE) afin d'apporter notre contribution sociale en faveur des personnes à la recherche d'un emploi, et pour maximiser notre offre de services : le service de proximité « d'Äerdwiermercher », « Sécher Spillplazen », « Bummelbus », les travaux généraux d'entretien ou la gestion de l'entrepôt de déchets « Butzebierg » gratuitement mis à la disposition des citoyens pour qu'ils puissent s'y débarrasser correctement de certains déchets.



houfreg op eis Zertifikatioun als 1. offiziell GWÖ-Gemeng zu Lëtzebuerg Enn 2020. Et geet eis drëm all politesche Schratt ënnert d'Lupp ze huelen no dësem Wäertemodell, mam Pro a Kontra, fir dann zum beschtméiglechste Resultat ze kommen zum Wuel vun der Allgemengheet. De Projet ass vum Syvicol als „best practice" opgeholl ginn an ee vun den Héichpunkte war bis elo sécher och d'Publikatioun am drëtten Handbuch iwwert d'Mënscherechter um lokalen Niveau, dat de „Congrès des pouvoirs locaux et régionaux" vum Conseil de l'Europe 2022 adoptéiert huet. Den nächsten internationalen Audit steet 2024 virun der Dier wou eis Gemeng dann nees ënnert d'Lupp geholl gëtt.

**Bicher-, Give- a Mediabox**. D'Bicher- a Givebox si konkret Beispiller vu GWÖ-Projeten. Hei kann een all méiglech Saachen deposéieren, déi een net méi brauch an nach an engem gudden Zoustand sinn. Domat verlängert een d'Liewensdauer vun deenen Objeten, andeems een gläichzäiteg deene Leit hëlleft, déi keng sou breed Schëlleren hunn. Eng nei Media-Box wou just CDen, DVDen, Vinyl-Placken oder aner Medie kënnen deposéiert ginn ass an der Maach a Form vun engem Walkman mat Kopfhörer fir am Beräich vum „Kiss & Go" um Parking ze installéieren.

**Office social Nordstad (OSNOS)**. Mir bleiwe Member-Gemeng vum OSNOS an ënnerstëtzen esou weider an d'Applikatioun vun der Gesetzgebungen, finanziell sozial schwaach Familljen. Mir huelen och weiderhin un Aktiounen deel, wéi dem Kannerwonschbam.

**Beschäftegungsinitiativen**. Mir hunn d'Zesummenaarbecht mat de Beschäftegungsinitiativen „Centre d'initiative et de Gestion Régional" (CIGR) Nordstad a „Forum pour l'emploi" (FPE) verstäerkt fir engersäits immens wichteg sozial Bäitrag kënnen ze leeschten fir Mënschen, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, an anerersäits fir beschtméiglech Servicer kënnen unzebidden: de Service de Proximité „d'Äerdwiermercher", „Sécher Spillplazen", „Bummelbus", generellen Entretien an der Gemeng oder nach d'Gestioun vun der kommunaler Sammelplaz „Butzebierg", déi de Bierger gratis zur Verfügung steet fir verschidden Offäll korrekt ze entsuergen.

## f. Gesondheet

**Héich Drénkwaasserqualitéit garantéieren**. An enker Zesummenaarbecht mam zoustännegen interkommunale Syndikat DEA (Distribution d'eau des Ardennes) an dem Waasserwirtschaftsamt, ënnert der Opsiicht vum Emweltministère engagéiere mir eis weider fir déi beschtméiglechst Drénkwaasserqualitéit am Gemengereseau ze garantéiren. D'Gemeng gouf rezent fir seng Engagementer mam Qualitéitslabel „Drëpsi"-Sëlwer ausgezeechent. Mir huelen och déi néideg Investitioune vir fir de Schutz vun de Quellen a vum Grondwaasser ze garantéieren.

**Sportinfrastrukturen**. Mir wëllen de Bierger genuch Méiglechkeeten ubidde fir sportlech Aktivitéiten ze bedreiwen. Grouss Investissementer sinn um Site „An de Bourwisen" gemaach ginn, e.a. an den neie synthetëschen Terrain. Den neie Gemengerot wäert déi nei Sportshal mat alle Partner plangen. D'Pétanque-Pist gouf nei amenagéiert. E Fitness-Parcours oder eenzel Fitness-Geräter sinn op eiser To-do-Lëscht, wou mir nach no der optimaler Plaz sichen.

**Waasserspender**. Mir hunn an alle Gemengeninfrastrukture Waasserspender installéiert fir permanent den Zougang zum gesonden Drénkwaasser ze garantéieren. Eng Statioun soll och nach virum neie Gemengenhaus entstoën.

**Gesondheetsversuergung**. Mir setzen eis dofir an, dass d'Gemeng Mäerzeg eng adequat Offer vu Gesondheetsberufer op sengem Territoire behält. Mir si frou, dass sech Generalisten, Kinesitherapeuten an Osteopathen, eng Pédicure médicale an een Zänndokter schonn etabléiert hunn. Dës Offer wëlle mir ausbaue mat Spezialiste wéi z.B. engem Pediater oder Aendokter.

**Haushalt ouni Pestiziden**. Mir wëllen d'Bierger och an Zukunft op d'Konsequenze vu Pestizide fir d'Natur a fir d'Gesondheet vum Mënsch opmierksam maachen an iwwer alternativ Weeër informéieren. Pestizidfräi Blumme sollen dem Kampf géint d'Ausstierwen vun de Beien bäidroen.

**Programm „Natur genéissen"**. Mir verweisen op de Projet „Biomax" deen am Kapitel 2 -Schoul, Kannerbetreiung a Jugend - beschriwwen ass: „Mir iesse gesond, bio a regional".






## *f. Santé*

***Garantir une eau potable de grande qualité***. *En collaboration étroite avec le Syndicat intercommunal compétent DEA (Distribution d'eau des Ardennes) et l'Administration de la gestion de l'eau sous contrôle du Ministère de l'Environnement, nous entendons continuer de garantir la meilleure qualité possible de l'eau potable. La Commune a récemment été récompensée pour ses engagements avec le label de qualité « Drëpsi ». Nous adoptons les investissements nécessaires pour garantir la protection des sources et des nappes phréatiques.*

***Infrastructures sportives***. *Nous désirons proposer suffisamment de possibilités aux citoyens pour qu'ils pratiquent des activités sportives. Des investissements importants ont été réalisés sur le site « An de Bourwisen », e.a. pour le nouveau terrain synthétique. Le futur Conseil communal devra planifier le nouveau hall sportif avec tous les partenaires. La piste de pétanque a été réaménagée. Un parcours de fitness ou des appareils de fitness singuliers sont sur notre « to-do list », pour lesquels nous recherchons encore l'endroit idéal.*

***Distributeurs d'eau***. *Nous avons installé des distributeurs d'eau dans toutes les infrastructures communales afin de garantir un accès permanent à une eau potable saine. Une station doit également voir le jour devant la Maison communale.*

***Services de santé***. *Nous nous engageons pour une offre suffisante de professionnels de santé dans notre Commune. Heureux de disposer déjà de médecins généralistes, de kinésithérapeutes et ostéopathes, d'une pédicure médicale et d'un dentiste, nous aimerions favoriser autant que possible l'implantation de nouveaux professionnels de santé sur notre Commune – par exemple un médecin pédiatre ou oculiste.*

***Ménage sans pesticides***. *Nous voulons également rendre les citoyens attentifs aux conséquences nocives des pesticides pour la nature et la santé, et les informer par conséquent sur des moyens alternatifs. Ainsi, des fleurs non-pulvérisées avec des pesticides contribuent par exemple à lutter contre l'extinction des abeilles.*

***Programme « Natur genéissen »***. *Nous renvoyons au projet « Biomax » évoqué ci-dessus dans le chapitre 2 - École, structures d'accueil pour enfants et jeunesse, point « Une alimentation saine, bio et régionale ».*



# 5. ENG ENERGIEEFFIZIENT AN EMWELTFRËNDLECH GEMENG

## a. Energieeffizienz

**Erneierbar Energie**. D'ëffentlech Hand soll Virbild bei der Notzung a Produktioun vun erneierbarer Energie sinn. Mir wëllen dofir, do wou et méiglech ass, d'Gemengeninfrastrukture mëttel- a laangfristeg op nohalteg Energie ëmrüsten a suivéieren de permanenten teschneche Fortschrëtt fir als Gemeng generell méi resilient ze ginn.

**Stroossebeliichtung energetesch verbesseren**. Ee groussen Deel vum Stroumverbrauch vun der Mäerzeger Gemeng geet op d'Stroossebeliichtung zréck. Als Konsequenz vun der Energiekris hu mir am Budget 2023 déi néideg Kreditter virgesinn fir d'ganz Gemeng direkt mat modernste Liichtmëttel ze equipéieren. Do besteet och d'Méiglechkeet d'Stroossebeliichtung ze dimme wat de Stroumverbrauch dann drastesch reduzéiert. D'Commande si scho gemaach a wann et keng Liwwerengpäss ginn, kënnen ab dësem Wanter scho puer Stroossen equipéiert ginn.

**Beliichtung vun ëffentleche Gebaier**. Et ass e Beliichtungskonzept ausgeschafft ginn fir déi nei Gemeng, d'Kierch a fir d'„Al Schoul". Duerch modern Liichtmëttel gëtt de Stroumverbrauch do och op de strikte Minimum reduzéiert.

**Chrëschtbeliichtung**. Leschte Wanter ass fir d'Feierdeeg déi nei Chrëschtbeliichtung a Betrib geholl ginn. Déi al Luuchte haten hiren Déngscht geleescht, hätten deelweis misste reparéiert ginn an hate virun allem och en héije Stroumverbrauch. Duerch d'LED-Technik an Zäitschalter ass d'Gemeng do elo korrekt equipéiert.

**Liichtverschmotzung**. Duerch d'Investissementer a modern an intelligent Liichtmëttel gëtt de Liichtsmog op e Minimum reduzéiert. Esou ginn d'Mënschen, d'Déieren, d'Insekten an d'Planze sou wéineg wéi méiglech vun der Nuechtbeliichtung an hirem Dag-Nuecht-Rhythmus gestéiert.

**Fussballsterrain**. Wéi beim neie syntheteschen Terrain gëtt och beim Grasterrain kuerzfristeg eng modern an energieeffizient Beliichtung installéiert.

**Sprinkleranlag**. D'Gemeng investéiert aktuell an eng nei Sprinkleranlag an de Bourwisen, fir dem Grasterrain an de Summerméint déi néideg Fiichtegkeet ze ginn. De Waasserverbrauch kann dann do drastësch reduzéiert ginn, wëssend dass d'Netzwaasser direkt aus der Turelbaach an eng Citerne gepompelt gëtt, wou d'Gemeng rezent déi néideg Autorisatioun vum Wasserwirtschaftsamt kritt huet.

**Ëffentlech Ausschreiwungen opgrond vu Nohaltegskeetscritèren**. Bei der Preparatioun vun ëffentlechen Ausschreiwunge an och am Kader vun der GWÖ leeë mir kloer Richtlinne fest, déi d'Critèren Nohaltegkeet, Ëmweltbelaaschtung, Waasserverbrauch an Energieeffizienz berücksichtegen.

**Greenenergy**. Ënnert dem Impuls vun de Gemenge Feelen a Mäerzeg ass 2020 d'Société coopérative „Greenergy Feelen Mäerzeg" (greenergy.lu) gegrënnt ginn déi sech fir d'Produktioun vun erneierbarer Energie an deenen zwou Gemengen asetzt. Aus Respekt virun der Ëmwelt ass d'Haaptzil vun der Kooperativ d'Energietransitioun ze promoten. D'kooperativ Form gouf ausdrécklech gewielt fir all Bierger d'Méiglechkeet ze ginn un dësem Iwwergang deelzehuelen. Zu Mäerzeg ass d'Photovoltaikanlag op der Gemeng vun der Kooperativ finanzéiert ginn. Kleng Anlagen komme kuerzfristeg op den Daach vun der „Aler Schoul" an eventuell och d'Postgebai. Grousst Potential bitt den Daach vun der neier Schoul wou 2026 fäerdeg gestallt soll ginn.

**Neie Stroumtraffo**. De Chantier vum neie performanten a moderne Stroumtraffo ass zënter puer Méint am gaang a schaaft eng Zentral, déi ausgeriicht ass op de Masterplang vu Schoul – Maison Relais – Sportshal. Den neien Traffo war och noutwendeg fir déi nei Photovoltaik-Anlagen kënnen unzeschléissen.

## b. Natur an Ëmwelt

**Natur- a Klimaschutz**. Fir d'Liewens- a Wunnqualitéit zu Mäerzeg ze erhalen an ze verbesseren schütze mir d'Natur an d'Ëmwelt. Mir hunn eis verstäerkt vernetzt duerch d'Partnerschafte mam Naturschutzsyndikat Sicona an der Ëmtweltberodung Lëtzebuerg (EBL). Mir sinn och dem Klimabündnis bäigetrueden an engagéieren eis donieft staark am Kader vum Klimapakt, wou mir d'Goldzertifikatioun ereecht hunn, wéi och am neien Naturpakt, wou mir rezent déi éischt Zertikatiounsstuf gepackt hunn.

**Gréng Plazen beim Aménagement vum ëffentlechem Raum & „Village fleuri"**. Mir schafe weider Blummewisen an applizéieren de „Fauchage tardif" do wou et geet a wou z.B. keng sou grouss Gefor vun Zeckebëss fir de Mënsch besteet. An Zesummenaarbecht mam Service „Espaces verts" an der Regie hu mir donieft massiv a Blummebacken investéiert, wou d'Gemeng sech ëmmer vu sénger schéinster Säit wëll weisen.

# 5. UNE COMMUNE EFFICIENTE SUR LE PLAN ÉNERGÉTIQUE ET RESPECTUEUSE DE L'ENVIRONNEMENT

## a. Efficience énergétique

***Énergies renouvelables***. *Les pouvoirs publics doivent montrer l'exemple et s'affirmer en tant que pionniers dans l'utilisation d'énergies renouvelables. De ce fait, il est important que les infrastructures communales actuelles soient à moyen et à long terme modernisées en ce sens. Nous gardons à l'œil les innovations technologiques afin de rendre sans cesse notre Commune plus résiliente en matière d'énergie.*

***Améliorer l'éclairage public d'un point de vue énergétique***. *Une grande partie de la consommation énergétique de Mertzig est due à l'éclairage public. Pour réagir à la crise énergétique, nous avons prévu de nouveaux crédits dans le budget de 2023 pour équiper directement notre Commune avec l'éclairage le plus moderne. Il sera notamment possible de tamiser la lumière, ce qui permet de réduire drastiquement la consommation d'électricité. Les commandes ont déjà été effectuées et s'il n'y aura pas de problèmes d'approvisionnement, plusieurs rues devraient être équipées dès cet hiver.*

***Éclairage des bâtiments publics***. *Un concept d'éclairage a été élaboré pour la Maison communale, l'Église et l'Ancienne École. Grâce à des techniques d'éclairage modernes, la consommation d'électricité y est réduite au stricte minimum.*

***Illuminations de Noël***. *L'hiver dernier, nous avons introduit une nouvelle illumination de Noël. Les anciennes lumières étaient déjà vieilles, elles avaient dû être réparées à plusieurs reprises et elles consommaient surtout énormément d'électricité. Grâce à la technologie LED et aux minuteurs dont dispose la nouvelle illumination de Noël, la Commune peut dorénavant s'estimer bien équipée.*

***Pollution lumineuse***. *En investissant dans un éclairage moderne et intelligent, la pollution lumineuse est réduite au stricte minimum. Ainsi, le rythme jour-nuit des humains, animaux, insectes et plantes est dérangé aussi peu que possible par l'éclairage public nocturne.*

***Terrain de football***. *Tout comme cela a été fait pour le terrain synthétique, c'est à présent au tour du terrain en gazon d'être équipé d'un éclairage moderne et efficient. Une nouvelle illumination y sera installée à court terme.*

***Système d'arrosage***. *La Commune est en train d'investir dans l'installation d'un nouveau système d'arrosage pour le terrain « An de Bourwisen », lui permettant de bénéficier de l'humidité nécessaire pendant les mois d'été. La consommation d'eau peut y être réduite drastiquement, quoique l'eau y émane directement de la Turelbaach – une démarche pour laquelle la Commune a récemment obtenu une autorisation de l'Administration de la gestion de l'eau.*

***Appels d'offre publics sur base de critères de durabilité***. *En préparant les appels d'offre et dans le cadre de notre projet relatif à l'Économie pour le Bien commun, nous définissions des directives claires basées sur des critères de soutenabilité, d'impact environnemental, de consommation d'eau et d'efficience énergétique.*

***Greenergy***. *Sous l'impulsion des Communes de Feulen et de Mertzig, la Société coopérative « Greenergy Feelen Mäerzeg » (greenergy.lu) a été créée en 2020. Celle-ci s'engage pour la production d'énergie renouvelable dans les deux communes et soutient la transition énergétique. Pour ce faire, elle bénéficie du conseil de l'Energiepark Redange. La forme coopérative doit permettre à tous les citoyens d'y prendre part. À Mertzig, l'installation photovoltaïque sur le toit de la Commune a été financée par la coopérative. Des petites installations doivent, à court terme, voir le jour sur le toit de l'Ancienne École et éventuellement sur l'ancienne poste. Le toit de la future École a lui aussi un énorme potentiel pour ce genre d'équipement.*

***Nouveau transformateur d'électricité***. *Le chantier relatif au nouveau transformateur d'électricité moderne et performant est en cours depuis plusieurs mois. L'objectif est de créer une nouvelle centrale à la hauteur du Master-plan relatif à l'École, la Maison Relais et le hall sportif. Le nouveau transformateur est en outre indispensable en vue du branchement des nouvelles installations de photovoltaïque.*

## b. Nature et environnement

***Protection de la nature et du climat***. *Pour préserver et améliorer la qualité de vie à Mertzig, nous protégeons notre nature et notre environnement. Nous nous sommes donc mis en réseau avec le SICONA et l'Ëmweltberodung Lëtzebuerg (EBL). Nous sommes en outre devenus membres de l'Alliance pour le Climat et nous nous engageons en outre fortement dans le cadre du pacte climat*






**Tiny forest**. Op Initiativ an an Zesummenaarbecht mat Greenpeace Lëtzebuerg an dem SICONA hu mir am Duerfkär bei der Senioreresidenz den éischte „Mikrobësch" zu Lëtzebuerg geplanzt. Op enger Fläch vun 200 $m^2$ si 600 regional Beemzorte gesat ginn no der „Miyawaki-Method", benannt nom japaneschen Botaniker Akira Miyawaki. „Tiny forests" killen d'Klima of a suerge fir eng grouss Artevillfalt. Den Informatiounspanneau, wou och d'"Leichte Sprache" integréiert ass a vun der Asbl Op der Schock ausgeschafft ginn ass, ass drop an drun installéiert kënnen ze ginn. De Projet déngt virun allem och edukativen Zwecker, wou d'Kanner op eng einfach Aart a Weis d'Funktioune vum Bësch erkläert kréien.

**Natura 2000**. Eise Bësch „Säitert" ass e schéinen Eechen- a Bichebësch. E faszinéiert duerch seng rar Planzen, seng verschidde Liewensraim, déi vill Dëmpele wéi duerch seng botanesch Diversitéit. Fir d'Gemeng an de Fierschter war et den Ustouss fir e besonnescht Naturschutzgebitt do ze schafe mat engem didaktesche Léierpad, deen och dëse Summer an d'Phas vun der Ëmsetzung kënnt. D'Resultat ass d'europäecht geschützten Natura 2000 Gebitt „Massif forestier & Mardelles du Säitert – Mäerzeg". Eis Gemeng ass 2019 och eng vu 17 Member-Gemenge gi vum Comité de Pilotage (COPIL) Natura 2000 Atert-Warkdall, nieft villen aneren Acteuren am Natur- an Ëmweltberäich. Dëse Comité verwalt insgesamt 10 Natura 2000 Sitten.

**Bëschkierfecht**. D'Bëschweeër a virun allem déi iwwer 200 Joer al Eechebeem an der „Säitert" waren och den Ustouss, fir mam Ëmweltministère iwwert d'Méiglechkeet vun engem Bëschkierfecht ze schwätzen. Dëse gouf, parallel zum Natura 2000 Schutzgebitt, autoriséiert. D'Aarbechte si souwäit all ofgeschloss. Aktuell waarde mir just nach op een obligatoreschen Avis aus dem Gesondheetsministère, an d'Reglement kéint vum Gemengerot gestëmmt ginn. Mir hunn an dësem Kader d'Geleeënheet genotzt, fir dat komplett Kierfechtsreglement ze iwwerschaffen. Am Kader vum kompletten Reamenagement vun der Méchelbucher Strooss gëtt um Butzebierg nach e Naturparking amenagéiert mat enger ëffentlecher Toilette.

**Landwirtschaft a Landschaftsfleeg gehéiren zesummen**. Zesumme mat de lokale Bauerebetriber an dem spezialiséierte Naturschutzsyndicat SICONA (Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature) setze mir eis fir eng aktiv Landschaftsfleeg an. Mir wëllen de Respekt virun der Natur an der Aartevillfalt, respektiv d'Erhalen an d'Schafe vun natierleche Liewensraim verbesseren. Eis Gemeng ass a bleift e staarke Partner vum SICONA, wou sälleg Projeten ëmgesat gi sinn, wéi z.B. d'Fiichtgebitt op der Dellener Strooss.

**Entsuergung a Klärung vun den Ofwässer**. D'Gemeng Mäerzeg ass zënter 2002 Member vum interkommunalen Ofwaasser-Syndikat SIDEN (Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires du Nord). Enorm Investitioune sinn déi lescht zing Joer an d'Ofwaasserinfrastrukture gemaach ginn. Mir engagéieren eis, an enkem Kontakt mam SIDEN, fir ee konsequente Suivi ze maache fir den Ënnerhalt vun dësen Infrastrukturen, virun allem d'Reeniwwerlaafbecken.

**Nei Kläranlag**. Déi nei interkommunal Kläranlag fir d'Gemengen Groussbus, Mäerzeg a Feelen ass de 7. Abréll 2023 feierlech ageweit ginn fir eng modern an zäitgeméiss Ofwaassergestioun kënnen ze garantéieren. Déi al Mäerzeger Kläranlag tëscht der Colmerstrooss an der Industriezon ass elo definitiv ausser Betrib a gëtt, dank der exzellenter Zesummenaarbecht mam SIDEN, zréckgebaut an den Terrain sanéiert.

**Projet „Zéro Mégot"**. Mir hunn de Projet „Zéro Mégot" lancéiert an op de meeschtbesichte Plazen nei Äschebecheren installéiert. D'Zigarettestëmp ginn an dëse speziellen Äschebecheren recycléi-

*où nous avons atteint la certification « or », tout comme dans le nouveau pacte nature, où nous avons récemment réussi à gravir le premier échelon de certification.*

***Espaces verts dans l'aménagement des espaces publics & « Village fleuri »**. Nous continuons de créer des prés fleuris et appliquons le « fauchage tardif » là où c'est possible et en minimisant les risques de morsure de tiques. En coopération avec le service « Espaces verts » de la Régie communale, nous avons investi massivement dans des bacs à fleurs qui embellissent notre Commune.*

***Tiny forest**. Sur initiative et en coopération avec Greenpeace Luxembourg et le SICONA, nous avons planté, dans le cœur du village près de la résidence pour seniors, la première micro-forêt du Luxembourg. 600 arbres régionaux ont été plantés sur une surface de 200 m² selon la méthode « Miyawaki », nommée d'après le botaniste japonais Akira Miyawaki. Les micro-forêts permettent de freiner le réchauffement climatique. Elles renforcent en outre notre diversité d'espèces. Un panneau d'information relatif au projet est en cours d'élaboration. Un texte « facile à lire » élaboré par l'asbl Op der Schock y sera intégré. Le projet constitue également un atout éducatif, permettant d'expliquer facilement aux enfants les fonctions importantes d'une forêt.*

***Natura 2000**. Notre forêt « Säitert », composée surtout de chênes et de hêtres, fascine grâce à ses plantes rares, ses différents habitats, ses nombreux étangs et sa diversité botanique. Ceci a inspiré les responsables communaux et le forestier pour y créer une réserve naturelle particulière comprenant également un itinéraire didactique, ce dernier devant être finalisé cet été. C'est ainsi qu'est née la zone protégée par l'Union européenne Natura 2000 « Massif forestier & Mardelles du Säitert – Mäerzeg ». D'ailleurs, notre Commune fait depuis 2019 partie des dix-sept communes membres du Comité de Pilotage (COPIL) Natura 2000 qui gère au total dix sites Natura 2000.*



***Cimetière forestier**. Les chemins forestiers de la « Säitert », et surtout les immenses chênes âgés de plus de 200 ans, nous ont poussé à discuter avec le Ministère de l'Environnement sur la possibilité d'y aménager un cimetière forestier. Celui-ci a été autorisé parallèlement à la zone Natura 2000. Dès que nous aurons obtenu l'avis obligatoire du Ministère de la Santé, le Conseil communal pourra voter un règlement. Nous avons par ailleurs profité de cet élan pour réformer entièrement le règlement des cimetières. Dans le cadre du réaménagement de la rue de Michelbouch, une aire naturelle de stationnement sera aménagée sur le Butzebierg à proximité du cimetière forestier, ainsi que des WC publics.*

***Conciliation de l'agriculture et de la préservation des paysages**. En collaboration avec les exploitations agricoles locales et le SICONA, nous nous engageons pour la préservation des paysages de Mertzig. Il est important de contribuer davantage au respect de la nature et de la biodiversité, afin de préserver le maintien et la création de biotopes. Notre Commune est et reste un partenaire fort du SICONA. De nombreux projets ont été mis en œuvre, par exemple la zone humide dans la rue de Dellen.*

***Assainissement et épuration des eaux usées**. Depuis 2002, la Commune de Mertzig est membre du syndicat intercommunal SIDEN (Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires du Nord). Des investissements importants ont été effectués dans les infrastructures d'évacuation des eaux usées. Nous nous engageons, avec le SIDEN, à assurer un suivi rigoureux de l'entretien de ces infrastructures, notamment des bassins de rétention.*

***Nouvelle station d'épuration**. La nouvelle station d'épuration intercommunale des Communes de Grosbous, Mertzig et Feulen a été inaugurée le 7 avril 2023. Elle permet de garantir une gestion des eaux usées moderne. L'ancienne station d'épuration située entre la rue de Colmar-Berg et la zone industrielle est dorénavant hors service. Grâce à l'ex-*

ert an entsuergt. Net nëmme gëtt doduerch eis Gemeng an d'Natur manner verknascht, mee mat dësem Offall kënnen herno z.B. Outdoor Bänken hiergestallt ginn.

**Aktioun „Gielt Band": hei ass plécken erlaabt**. Als Anti-Gaspi Gemeng hu mir bei der Aktioun „Gielt Band" mat gemaach, déi de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung zesumme mam Syvicol an d'Liewe geruff huet. All Joer gëtt kiloweis zeidegt Uebst, dat an de Bongerten, de Gäert an op ëffentleche Plazen ënnert de Beem fault, verbëtzt. D'Uebstbeem déi Deel vun der Aktioun sinn, stinn am ëffentleche Bongert an der „Säitert". Hei fënnt een Äppel-, Biere-, Quetsche, Kiischten- a Mirabellebeem, wou d'Gemeng d'Uebst offréiert.

**En Uebstbam fir all Stot**. Am Kader vum „Nationalen Dag vum Bam" offréiert d'Gemeng zënter 2020 all Joer all Stot en Uebstbam fir bei sech doheem am Gaart ze planzen. Duerch dës Aktioun kënne mir all zesummen d'Biodiversitéit verbesseren.

**Reewaassernotzung optiméieren**. Bei Sanéierungen a Neibaute vu kommunalen Infrastrukture plange mir systematesch Reewaassernotzungssystemer mat an.

**Offallentsuergung**. De SIDEC (Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) huet 2020 no jorelaanger Preparatioun mat all senge Membergemengen eng Neiorganisatioun vun der ëffentlecher Offallsammlung 2020 ëmgesat. Ënnert dem Slogan „Manner eliminéieren, méi recycléieren" weist dës Reform immens positiv Resultater a mir kënnen all zesummen duerch eng korrekt Offalltrennung dozou bäidroen, dass eis Ëmwelt manner belaascht gëtt. Den traditionellen Offallkalenner gestalte mir weiderhi maximal informativ an iwwersiichtlech.

**Sammelplaz „Butzebierg"**. A Kollaboratioun mam „Forum pour l'emploi" steet déi kommunal Sammelplaz Butzebierg de Bierger gratis zur Verfügung fir Huelglas, al Kleeder, Elektroschrott an de Gréngschnatt. Am Kader vum komplette Reamenagement vun der Méchelbucher Strooss hu mir festgehal dass Reseauen (Waasser, Kanal, Stroum) op de Site geluecht ginn fir eise klenge Recyclingspark ze optimiséieren a fir z.B. an eng Kartongspress ze investéieren. Déi ganz Plaz gëtt och komplett macadamiséiert fir esou iwwert d'ganz Joer eng propper Infrastruktur kënnen unzebidden.














*cellente coopération avec le SIDEN, celle-ci va être démantelée et le terrain va pouvoir être assaini.*

***Projet « Zéro Mégot »**. Ce projet que nous avons mis en œuvre consiste en l'installation de nouveaux cendriers aux endroits les plus fréquentés, permettant un recyclage des mégots de cigarettes. Les fumeurs déposent ceux-ci dans ces nouveaux cendriers. Tout en permettant de réduire le nombre de saletés dans notre Commune, ce projet permet également d'utiliser ces mégots pour créer par exemple des bancs extérieurs.*

***Action « Gielt Band »: ici, la cueillette est autorisée**. En tant que Commune Anti-Gaspi, nous avons participé au projet « Gielt Band » lancé par le Ministère de l'Agriculture avec le SICONA. Les kilos de fruits mûrs qui, chaque année, pourrissent sous les arbres dans les vergers, les jardins et sur les places publiques, c'est tout simplement du gaspillage. Les arbres fruitiers qui font partie de cette action se situent dans le verger public dans la « Säitert ». On y trouve des pommes, poires, prunes, cerises, et mirabelles, offertes par la Commune.*



***Un fruitier pour tous les ménages dans la Commune**. À l'occasion de la journée nationale de l'arbre, la Commune offre à chaque ménage un arbre fruitier pour planter autour de la maison. Grâce à cette action, nous pourrons tous ensemble augmenter la biodiversité. Nous aimerions poursuivre cette action à l'avenir.*

***Optimiser la collecte de l'eau de pluie**. Lors de rénovations et de planifications d'infrastructures communales, nous planifions méthodiquement des systèmes de récupération d'eau de pluie.*

***Élimination des déchets**. Avec ses communes membres et après plusieurs années de préparation, le SIDEC (Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) a mis en œuvre en 2020 sa réforme de la collecte publique des déchets sous le slogan « éliminer moins, recycler plus ». Les résultats de cette réforme sont très positifs. En triant correctement nos déchets, nous pouvons tous contribuer à réduire la pollution de l'environnement. Nous allons continuer de concevoir un calendrier des déchets clair et riche en informations.*

***Entrepôt Butzebierg**. En collaboration avec le « Forum pour l'emploi », l'entrepôt communal Butzebierg est mis gratuitement à disposition des habitants de Mertzig pour y déposer du verre creux, des vieux vêtements, des déchets électriques et des déchets verts. Dans le cadre du réaménagement complet de la rue de Michelbouch, nous avons prévu de connecter le site aux réseaux (eau, canalisation, électricité), ce qui nous permet d'optimiser notre parc de recyclage, par exemple en installant une presse à carton. Le site sera en outre macadamisé, nous permettant ainsi de disposer d'une infrastructure propre durant toute l'année.*

# 6. ENG RESPONSABEL FINANZPOLITIK

Dëse Bilan a Programm sinn de Beweis: den Invest ass héich, awer noutwendeg. Fir der rasanter demographecher Entwécklung aus de leschten 20 Joer Rechnung ze droen ass d'Gemeng verflicht an d'Infrastrukturen ze investéieren.

Mir hunn am Ufank vum Mandat eng déifgräifend Finanzanalys gemaach. Tëscht 2005 an 2017 huet d'Gemeng virun allem an d'Ofwaassergestioun an déi nei interkommunal Kläranlag investéiert iwwert Eegekapital an d'Reserven (4,6 Milliounen € fir déi dräi Retentiounsbecken (RÜB) zu Mäerzeg an 18 Milliounen € fir „travaux communs"). Direkt am Ufank vum Mandat 2018 hu mir e gréisseren Emprunt vun 3,5 Milliounen € missten ophuelen fir oppe Rechnungen ze bezuelen. Vun 2019 bis 2022 sinn Emprunts an Héicht vun 13 Milliounen € dobäi komm. Déi aktuell Schold vun der Gemeng läit bei ronn 15 Milliounen €. Am Budget 2023 hu mir een Emprunt vu 5,5 Milliounen € virgesinn, deen am Prinzip am leschten Trimester vum Joer oder Ufank 2024 gezu gëtt. Dat hänkt dovunner of wéi am Laf vum Joer d'Aarbechten an der Méchelbucher Strooss an um Schoulchantier viru kommen.

Et war séier, kloer dass déi noutwendeg Investitiounen fir d'Zukunft vun eiser Gemeng nëmmen duerch gréisser Emprunts an de nächste Joren realiséiert kéinte ginn. Mir hunn eis mat der Finanzdirektioun vum Inneministère un een Dësch gesat fir de komplette „Screening" ze maachen. Mir loossen eis beroden an der Opstellung vun de „Plans pluri-annuels financiers" (PPF) wou d'Gemeng mëttel- a laangfristeg seng Investitiounen plangt fir esou de komplette finanziellen Iwwerbléck ze hunn, ëmmer am Aklang mat der Gesetzgebung, der wirtschaftlecher Entwécklung vum Land an der Ënnerstëtzung vum Staat am Kader vun der järlecher Dotatioun, déi sech dëst Joer, 2023, fir eis Gemeng op 9,2 Milliounen € bezitt. Dobäi kommen staatlech Subventiounen vun de verschiddene Ministèren wou d'Gemeng systematesch ufreet an der Realisatioun vun de groussen Infrastrukturprojeten.

D'Gemengefinanze ënnersti strikte Reegelen, besonnesch fir d'Opnam vu neie Scholden. Mir verweisen hei fir d'éischte Kéier an dësem Bilan a Programm op eng prezis Gesetzesbestëmmung. Den Artikel 118 vum ofgeännerte Gemengegesetz seet: „L'administration communale peut recourir au crédit pour financer des dépenses extraordinaires si un autre financement n'est ni possible ni économique et si le remboursement régulier des annuités est assuré." A mir zitéieren d'Inneministesch an d'Finanzministesch a enger gemeinsamer Äntwert op d'parlamentarech Fro n° 7374: „D'Annuitéit entsprécht der Zomm vun den Zënsen an dem Remboursement vun der Schold op ee Joer gekuckt. Doduerch, datt d'Annuitéiten iwwert de Fonctionnementsbudget vun enger Gemeng bezuelt ginn, ass garantéiert, datt d'Gemengen net an eng Scholdespiral gerode kënnen. Déi sou erlaabte Schold déngt exklusiv dem Finanzement vun Infrastrukturen. Si gëtt enger Gemeng och nëmmen dann accordéiert, wann d'Gemeng den Emprunt iwwert hiren eegene Fonctionnements-budget zeréckbezilt. (...) Den Inneministère féiert keng Statistik iwwert d'Pro-Kapp-Verschëldung vun de Gemengen. Eng Gemeng kritt hiren Emprunt net op Grond vun hirer Awunnerzuel geneemegt, mee well se kapabel ass, d'Schold zeréckzebezuelen."

Mir engagéieren eis dass mir, an enker Zesummenaarbecht mam Inneministère, d'Gemengefinanzen och déi nächst Joren responsabel verwalten fir beschtméiglechst an d'Zukunft vun eiser Gemeng an de kommende Generatiounen ze investéieren.

M-team.lu

ZESUMME FIR MÄERZEG

# *6. UNE POLITIQUE BUDGÉTAIRE RESPONSABLE*

*Ce bilan et le programme le prouvent : les investissements sont importants, mais nécessaires. Afin de tenir compte du développement démographique rapide des dernières 20 années, la Commune de Mertzig se voit dans l'obligation d'investir dans les infrastructures.*

*Au début du mandat en 2018, nous avons réalisé une analyse financière détaillée. Entre 2005 et 2017, les responsables communaux ont surtout investi dans l'assainissement des eaux usées et dans la station d'épuration intercommunale en y mettant aussi bien du capital propre que des réserves (4,6 millions d'euros pour trois nouveaux bassins de rétention et 18 millions d'euros pour « travaux communs »). Début 2018, la Commune a rapidement dû faire un emprunt de 3,5 millions d'euros afin de payer des factures à recouvrer. De 2019 à 2022, des emprunts à hauteur de 13 millions d'euros se sont rajoutés. La dette actuelle de la Commune est de 15 millions d'euros. Dans le budget de 2023, nous avons prévu un autre emprunt de 5,5 millions d'euros qui devra être liquidé au courant du dernier trimestre de cette année, respectivement au début de 2024. Ceci dépend de l'avancement des travaux dans la rue de Michelbouch et du chantier de l'École.*

*Il a été clair assez rapidement que les investissements nécessaires pour le futur de notre Commune ne pourront se faire que par des emprunts importants au courant des années à venir. Épaulés par la Direction des finances au Ministère de l'Intérieur, nous avons réalisé un « screening » complet. Nous sommes conseillés dans l'élaboration des « Plans pluriannuels financiers » (PPF) permettant à la Commune de planifier ses investissements à moyen et long terme afin de garder une vue d'ensemble de son budget, toujours en respectant la législation, le développement économique du pays ainsi que la dotation annuelle étatique qui s'élève à 9,2 millions d'euros cette année. S'y ajoutent des subventions de la part de différents Ministères que la Commune demande systématiquement dans le cadre des grands projets d'infrastructures.*

*Les finances communales sont soumises à des règles strictes, surtout en matière de nouveaux emprunts. Nous nous permettons de renvoyer ici à une disposition explicite dans la législation. L'article 118 de la loi communale modifiée dispose que « [l]'administration communale peut recourir au crédit pour financer des dépenses extraordinaires si un autre financement n'est ni possible ni économique et si le remboursement régulier des annuités est assuré ». Dans ce cadre, nous pouvons nous référer aux réponses des Ministres de l'Intérieur et des Finances sur la question parlementaire n° 7374 précisant que « l'annuité correspond à la somme des intérêts et au remboursement de la dette. Par le fait que les annuités sont payées par le budget de fonctionnement d'une commune, il est garanti que celle-ci évite ainsi la spirale d'endettement. La dette autorisée n'est possible que pour des projets d'infrastructure et n'est accordée que si la commune peut rembourser le prêt via son propre budget de fonctionnement. (…) Le Ministère de l'Intérieur ne fait pas statistiques de la dette par tête de chaque commune. L'approbation d'un emprunt ne se fait pas sur base du nombre d'habitants d'une commune, mais sur base de la faculté de pouvoir rembourser cet emprunt. »*

*Ensemble avec le Ministère de l'Intérieur, nous nous engageons à gérer les finances communales de façon responsable afin d'investir de la meilleure façon dans le futur de notre Commune et des générations futures.*

**M-team.lu**

**ENSEMBLE POUR MERTZIG**


M-team.lu
ZESUMME FIR MÄERZEG - *ENSEMBLE POUR MERTZIG*
www.m-team.lu